

- la Fédération des Patrons Bouchers-Charcutiers du Grand-Duché de Luxembourg;
- le «Fräie Lëtzebuurger Bauerverband»;
- la «Kooperativ Biokreess»;
- les «Lëtzebuurger Jongbaueren a Jongwënzer»;
- la «Lëtzebuurger Natur- a Vulleschuttliga»;
- la Ligue nationale pour la Protection des Animaux;
- le Mouvement écologique;
- la Ligue luxembourgeoise pour la Conservation de la Nature (Natura);
- les Négociants Luxembourgeois de Produits agricoles;
- la «Vereinigung der Luxemburger Schweineproduzenten».

Toutes ces organisations s'opposent, qui pour des raisons économiques, qui pour des raisons écologiques à la réalisation de ce projet et à en juger le livre blanc publié ces jours-ci par leur comité d'action commun, ils ne manquent pas d'arguments.

J'aimerais savoir si le Gouvernement a pris connaissance de ce livre blanc et de l'argumentation y développée, et s'il est disposé à en tenir compte en reconsidérant la décision prise le 2 décembre dernier par le Conseil de Gouvernement au sujet de la déclaration d'utilité publique du projet «Kuelbecher Haff»?

Réponse de **M. Muhlen, Ministre de l'Agriculture**: En guise de réponse à la question parlementaire de l'honorable M. Wohlfart du 15 décembre 1983, le Ministre de l'Agriculture, de la Viticul-

ture et des Eaux et Forêts vous précise que le livre blanc publié par le comité d'action «Kuelbecher Haff» a retenu toute son attention.

Il tient à relever que la décision du Gouvernement en conseil en date du 2 décembre 1983 a été prise en pleine connaissance de cause. Les arguments invoqués par les opposants du projet dans le livre blanc étaient déjà parfaitement connus à cette date.

D'ailleurs, la plupart des associations membres du comité d'action ont eu l'occasion de lui présenter leurs objections de vive voix.

## 2) Question 74 de **M. Gremling (PSI)** concernant l'aide directe à la presse écrite:

Quels sont les montants annuels alloués aux quotidiens luxembourgeois dans l'intérêt du maintien de la diversité dans la presse d'opinion luxembourgeoise, et en vertu de la loi du 11 mars 1976 d'aide directe de l'Etat à la presse écrite, à chacun des quotidiens luxembourgeois pour les années 1976, 1977, 1978, 1979, 1980, 1981, 1982 et 1983?

Réponse de **M. Werner, Président du Gouvernement, Ministre d'Etat**: En réponse à votre lettre du 13 janvier 1984 ayant trait à la question parlementaire 74 de l'honorable M. Gremling au sujet des subventions à la presse, j'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe, en guise de réponse, un tableau renseignant sur les différentes interventions de l'Etat pendant les années 1976 à 1983.

### Relevé de la répartition de l'aide directe de l'Etat à la presse luxembourgeoise

Journal	1976	1977	1978	1979	1980	1981	1982	1983*
Luxemburger Wort	3.672.453.-	3.832.736.-	3.809.762.-	3.865.642.-	3.980.690.-	4.325.746.-	4.605.875.-	4.609.840.-
tageblatt	2.961.171.-	3.403.647.-	3.392.056.-	3.663.897.-	3.925.357.-	4.090.184.-	4.362.674.-	3.439.557.-
Lëtzeburger Journal	1.798.507.-	2.294.576.-	2.234.512.-	2.481.055.-	2.737.410.-	3.031.217.-	3.026.861.-	2.478.215.-
Zeitung	1.825.504.-	2.057.515.-	2.162.820.-	2.525.943.-	2.790.548.-	3.096.878.-	3.269.153.-	2.569.570.-
Lëtzeburger Land	962.642.-	1.076.891.-	1.091.733.-	1.153.599.-	1.216.448.-	1.363.345.-	1.368.514.-	1.238.505.-
Revue	1.378.823.-	1.584.635.-	1.749.117.-	1.809.864.-	1.849.547.-	2.092.630.-	1.769.967.-	1.566.975.-
Télécran							1.596.956.-	1.424.005.-

\* N.B. Les montants se référant à l'année 1983 ne tiennent pas compte du 4<sup>e</sup> trimestre

**M. le Président.** — Nous continuons maintenant le débat sur le projet de loi 2535.

La parole est en premier lieu à l'honorable M. Margue qui doit s'absenter pour des raisons professionnelles.

## 2. Projet de loi 2535 sur le régime des langues — Seconde lecture — (Suite)

### Discussion générale

**M. Margue (CSV).** — Här President, dir Dammen an dir Hären. Mir sin amgaang e Gesetz erauszegin. Et as, esou vill ech weess, déi éischte Kéier, dass an engem Lëtzebuurger Parlament en Ufank vun enger Regelung versicht gët iwwert de Gebrauch vun de Sproochen hei zu Land, wann een ofgesäit vun deem, wat 1848 an d'Constitution gesat gin as a vun deem, wat 1948 un der Constitution geännert gin as.

Déi eenzeg Bestëmmung mat Gesetzkraaft, déi et doriwwer gëtt, dat war en Arrêté vum hollännesche Kinnek aus dem Joer 1834.

Op eng Manéier as dat eppes ganz Tréischtleches.

Wann ech drun denken, wat eis belsch Nopere fir eng komplizéiert Sproochegesetzgebung hun, an zwar eng, wou et nët heescht wat fir Rechter huet de Bürger, mä wou et heescht, wat fir eng Sprooch muss hei gebraucht gin a wann s Du déi nët gebrauchs, da sin déng Gerichtsakten näischt wäert, oder da kann s Du nët Buurgermeeschter an enger Gemeng sin, an dëst an dat, souguer wann's Du vun der Majoritéit vun de Leit gewielt bass.

Do géif ech schon mengen op eng Manéier solle mir frou sin, dass mir hei nët zevill um Pabeier stoen hun an nët zevill drop setzen.

Emmerhin huet eis Constitution bis 1948 eppes ganz Präzises enthalten. An deem Kapitel, wou vun de Rechter vun de Lëtzebuurger Rieds geet, war dem Lëtzebuurger ee Recht garantéiert, nämlech de fräie Gebrauch, souwuel vun der däitscher wéi vun der franséischer Sprooch.

Et as gesot gin, déi kënn a kenger Hinsicht ageschränkt gin.

Am Krich as hei e gewëssen Gauleiter von Hitlers Gnade koom, dee sollt eis eindeutschen. Dat éischt oder dat zweet, wat e gemaach huet — dat éischt war, dass en déi preisesch Polizei op eis lass gelooss huet — dat war, dass en den öffentleche Gebrauch vum Franséische verbueden huet. Dee gouf och schon konfrontéiert mat der Existenz vun deem, wat mir Lëtzebuergesch nennen, well do huet et geheescht, do wou schon elo Lëtzebuergesch op enger Hausdir steet, do däreft Der et stoe loossen, mä do, wou Dir dat Franséisch muss ewech huelen, do däreft Dir kee Lëtzebuergesch an d'Plaz setzen, mä nëmmen Houdäitsch.

Mir wëssen wat weider koom as am Jor 1941 wéi se eis, sous le couvert vun enger Volkszählung wollte schreiwen din, eis Sprooch wär Däitsch.

Deutsch und nur Deutsch, hun se gesot. D'Lëtzebuergesch dat wär keng Sprooch.

Mir wëssen och, dass d'Prouf ni gemaach gouf wéivill Lëtzebuurger deen Abléck bereet waren op de Risiko vun allem Méiglechem de Contraire ze schreiwen vun deem, wat déi Häre wollten, mä mir wëssen, dass se d'Saach ofgeblosen hun. Si mussen sech also nët ganz sécher gefüllt hun.

Énnert deem Trauma, deen do entstane war, huet d'Constitution vum 1948 et fir gutt font, deen alen Artikel iwwert de Sproochgebrauch aus der Verfassung erauszehuelen an en neien dran ze setzen, deen näischt bedeit.

Deen neien heescht: De Gebrauch vun de Sproochen a Verwaltungs- a Gerichtssaachen gët duurch Gesetz geregelt. Dat wär och esou, wann et nët extra an der Verfassung sténg.

En fait as keen neit Gesetz koom bis elo, wou mir mat engem beschäftigt sin, mä ipso facto huet dat aalt nach gegollt, dat wéi gesot kee parlamentarescht Gesetz war, mä en hollänneschen Arrêté.

Wat stong an deem?

Et as interessant sech an déi Situation erëmzeversetzen, wéi dee koom as.

Et war während der Belscher Revolutioun. D'ganz Land war de facto belsch. Deen Deel, deen déi Belsch behalen hun an deen Deel, deen déi Belsch erëmgin hun, nëmmen d'Stad huet nach dem Kinnek vun Holland ënnerstanen, deen allerdings d'Prëntioun hat souverän iwwert d'ganz Groussherzogtum ze sin an dee gët, am Géigesaz zu deem, wat virduon praktizéiert gi war, wou mir faktesch behandelt gi waren esou wéi déi belsch Provënzen och, déi Regelung eraus, wou et heescht: Elo kann am Groussherzogtum jiddereen, souwuel op Däitsch wéi op Franséisch sech un d'Autoritéiten wenden, mëndlech a schrëftlech, a séng Affär muss an där Sprooch behandelt gin an e muss Äntwert kréien an där Sprooch, déi e gewielt huet.

Deen Text besteet nach bis haut. Et geet elo Rieds dovun, en ofzeschaffen.

E geet ëmmer nëmmen Rieds vun Däitsch a Franséisch.

Nach am Jor 1855, wéi fir d'éischte Kéier de »Scholdschäin« vum Dicks opgefëiert gouf, do huet d'Haaptactrice vum Enn vun der Opfëierung zu de Leit gesot, si géing hoffen dat Stéck hätt hinne gefall, dat éischt Stéck wat zu Lëtzebuerg op Onsdäitsch opgefouert gouf.

Déi Sprooch, déi mir schwätzen, hun se du gesot, dat as eist Däitsch, dat as Lëtzeburger-Däitsch. Esou huet méng Mamm nach zu mir gesot, wéi ech ee Bouf war. Mir hun eis nët genéiert vu Lëtzeburger-Däitsch ze schwätzen. Eis Noperen am Areler Land, déi schwätzen haut nach vun Däitsch. Si soen Plattdäitsch zum Ënnerscheed vum Guttdäitsch, wann se nët hockzesdaags Fransitmosellan schreiwen. Si kënnen nët gutt soen, dat wär Lëtzebuergesch, well si liewen an engem Lëtzebuerg wou d'Majoritéit vun der Populatioun welsch as?

Fréier hun d'Leit hei gesot Däitsch a Welsch. Offiziell huet et geheescht de Quartier allemand, de Quartier wallon.

Ech hun nach al Léit héiere soen, wann se vun engem Naischnoz geschwat hun: Deen huet Däitsch a Welsch bedrun. Dat wëllt soen, all Leit, déi et hei gët.

Dat as d'Ursach firwat mir déi zwou Schrëftsproochen hun. Well mir virun e Stécker 700 Jor effektiv zesumme waren mat Leit, déi och Lëtzeburger waren, mä déi nët schwätzen wat mir schwätzen, mä déi Wallounesch geschwat hun oder an der aler Groufschaft Chiny, Gaumais, bei denen huet als Schrëftsprooch d'Franséisch gegollt an hei huet Houdäitsch gegollt.

Déi ganz Konjunktur huet sech natierlech geännert, nodeem de welschen Deel ofgetrennt war — si haten e weénege zevill mat ofgeschnidden — an no de politeschen Péripietion vum 19. Jorhonnert, wou de facto hei zu Lëtzebuerg, schon grad ewéi haut, d'Gesetzer op Franséisch gemaach gouwen, obschon, dass mir een Deel vun dem Däitsche Bond waren.

Sou sin dann déi Jore komm 1866 an 1867, wou den Däitsche Bond an d'Bréch gaangen as a wou Lëtzebuerg esou ganz genëscht aus dem Däitsche Bond erausgerëscht as an nët an den Norddäitsche Bond erakoum. Mir kruten de Problem vun der Festung an dunn hun d'Lëtzeburger sech drunn erënnert — et gouf awer schon eng Literatur op Lëtzebuergesch an et ware schon 12 Jor eriwier zënter de »Scholdschäin« opgefouert gi war — dass mir eppes kënn sin, wat nët den engen a bei den anere wär: Mir wëlle bleiwe wat mir sin.

Mir wësse jo wéi d'Leit deemools an där Krisenzäit de Refrain ëmgeännert hun.

Et as awer bis an 20. Jorhonnert eragaangen an nach méi, éiert wiirkelech d'Iddi opkoum, dass d'Lëtzeburger Sprooch eppes besonnesch wär niewent den zwou aneren.

1896 et war schon an deem Bau, wéi de Gaspar Mathias Spoo eng lëtzebuergesch Ried gehalen huet. Do war d'Äntwert drop, dass d'Chamber mat alle Stëmmen géint eng decidéiert hat et wär gutt fir eng Kéier, mä elo géing hei kee Lëtzebuergesch méi geried, an dat as esou gaangen bis no dem leschte Krich.

Wann Dir ee frieme Mënsch begéint an dee freet Iech, wat fir eng Sprooch hut Dir zu Lëtzebuerg, da musst Dir zu deem soen: Sëtz Iech emol. Dat as nët an engem Saz ze beäntweren. Dat as eng ganz komplizéiert Situatioun.

Déi eng soen, déi offiziell Sprooch as dach d'Franséisch bei Iech.

Déi eng vun eis, déi soen jo, jo. Et gët jo hei Leit, déi sech bei den Parlementaires francophones aschreiwe gelooss hun.

Déi wéi ech soen, lues, d'Franséisch as eng offiziell Sprooch, mä et as nët déi eenzeg.

Bis elo konnt ech soen, mir hun en Text, deen de Leit erlaabt sech un d'Verwaltung an där enger oder anerer Sprooch ze wenden, an da mussen se d'Äntwert an där Sprooch kréien. Et sin nëmmen e puer Bürokraten, déi maachen et nët gär. Allerdings muss een dann derbäi soen, et as schon esou, mir maachen eis Gesetzer op Franséisch. Mir hun der zwar och an anere Sproochen, mä déi hu mer nët selwer gemaacht, déi hu mer nëmmen herno behalen.

Mä firwat maache mer eis Gesetzer op Franséisch? Dat as historesch esou gewuess. Op där anerer Säit si mir awer nët do, wou d'Fransouse sin, bei denen den offizielle Gebrauch vun alle regionale Sproochen, egal ob et Däitsch as, Italiensches, Katalanesch oder einfach d'Langue d'oc, verbueden as. Am Frankräich diirf keen Notär en Akt maachen an enger anerer Sprooch wéi déi franséisch.

Bei eis, wann Der engem sollt soen, mä jo watfir e Sproochgebrauch hun d'Leit dann, da musst Der soen, et hängk ganz dervun of, ënner äis schwätze mir Lëtzebuergesch. Mir wëssen awer ganz genee, dass d'Lëtzebuergesch keng Weltsprooch as, an dass mir nët kënnen vun dene frieme Leit verlaangen, dass si heihinner kommen a mat eis sollen op lëtzebuergesch schwätzen, mir gesinn als selbstverständlech un, dass mir, fir mat anere Leit eis ze ënnerhalen, mussen kucken eng vun dene Sproochen ze schwätzen, déi aner Leit schwätzen. An déi zwou nootst, déi mer hun, dat as Däitsch a Franséisch. Dofir léiere mir eis Kanner Däitsch a Franséisch.

Bei eis steet zwar op alle Butticker haaptsächlech Franséisch geschriwwen, et muss een awer nët mengen, dass an esou engem Buttick dobannen Franséisch geschwat gët.

Mir liese franséisch Zeitungen, esouguer ganz vill eng, déi zu Metz op Franséisch gedréckt gët, mä déi Zeitungen, déi hei erauskommen, déi sin an der Haaptsaach, an och nët ausschliisslech op Däitsch redigéiert, soulaang wéi Der nët bei d'Annönce gitt, well do geet et duercheneen. A bei den Doudesannöncen geet et neierdings an dräi Sproochen duercheneen.

Also d'Situatioun as schon e weénege komplizéiert.

Eppes anesches steet awer och fest. Mir léieren eis Kanner am 1. Schouljor fir d'allereischt emol Däitsch liesen a schreiwen. Pardön, déi neist Hänneschegkeet besteet jo dran, dass se am Ufank nët méi schreiwe léieren, mä nëmme liesen. Wéi et schéngt, dat anert war nët gutt. Mir hun dat zwar alleguer gemaacht, a mir hu fond, dass et glat goung.

Firwat fänke mer mat Däitsch un? Mä well dat am einfachsten as, dat léiere mer mat der Méthode directe, d'Kanner léieren iwwerdeem, wou se alphabetiséiert gin och déi éischt Elementer vun der däitscher Sprooch. Mam Franséischen as et weénege méi ëmständlech, dat maache mer och esou weénege séier wéi méiglech, mä do mussen mer awer vun enger anerer Basis ausgeen, mir müssen se emol fir d'éischt familiariséieren mat där e weénege schwiereger franséischer Orthographie, an da sichen no an no de Vokabulär an d'Grammatik bäizebréngen.

Wat mer méi héich uewen aus gin an eise Schoulen, gesi mer, dass no an no d'franséisch Sprooch Iwwerhand kritt, d'Däitsch e bësse méi leie gelooss gët, well uegell as, dees kënt d'Kanner da scho genuch. Ëmmerhin as et jo awer dach nët esou, dass mer eis diirfte virstellen, jiddwer Lëtzeburger kënt gläicherweis gutt déi zwou Sproochen. Et gët zwar Leit, déi ganz vill studéiert hun, an sech dorop eppes mengen, déi halen déck dermat, dass se d'Däitsch an der Tëschenzäit vergiess hun an elo d'Grammatik nët méi ganz gutt kënnen. Et gët awer och Leit, déi sech irgendwéi genéieren fir zouzegeen, dass d'Franséisch hinnen nët esou geleefeg as wéi d'Däitsch. An do spillt hei e sozialt Element mat. D'Franséisch gëlt als Sprooch vun den dichtege Leit, an déi do nët esou nokommen, déi fillen sech humiliéiert, wann se op Franséisch ugeschriwwen gin. Mä si gin et nët gären zou. Si si plutôt genéiert, si kommen awer da bei dësen oder deen vun äis, oder sosswärts, wat hun déi do mer eppes geschriwwen, kënt Der mer soen wat dat heescht.

Sou as a Wirklecheit d'soziolesch Situatioun vu Lëtzebuerg. Obschon den Här Staatsminister geschter gesot huet, jiddwer Beamten misst Examen maachen, wou en den Nowäis kënt bréngen, dass hien Däitsch a Franséisch kënt, wësse mer ganz gutt, dass zum Beispill bei der Polizei a Gendarmerie eis Beamten, nët all d'Protokoller op Däitsch maachen. Wann e Mënsch bei hinnen op Franséisch ausseet, da verstint se zwar wat dee seet,

ma si schreiwen et nèt op Franséisch op, da schreiwen se op Däitsch a soen deen hätt dat op Franséisch gesot. Dee brauch dat dann och nèt selwer ze ënnerschreiwen. Also ech wëll hei kee Mënsch jugéieren, ech wëll nëmmen eng Feststellung maachen. Et as nèt esou, dass jiddereen déi eng Sprooch grad esou gutt kennt wéi déi aner.

Et gët natierlech och Leit hei am Land, Leit, déi vläicht nèt hei opgewues sin, déi sech mat Franséisch ëmmerhin nach besser duerchschloe kënnen wéi mat Däitsch, Leit, déi aus romanesche Länner heihinner kommen, notament aus Portugal, déi bal all méi oder weëniger Franséisch geléiert hun, a fir déi d'Däitscht souvill as wéi fir eis aner Arabesch oder Chinesesch. D'Situatioun as ebe komplizéiert.

Elo as et awer haut esou, dass mir alleguer d'Konviktioun hun, dass eis lëtzebuergesch Ëmgangssprooch eis Sprooch as. An dass mir eis doduerch charakteriséieren, quitte dass ronderëm eis Grenzen och nach Leit wunnen, déi à peu près dat selwecht nach schwätzen, mä déi et nèt esou ëmfanne wéi mir.

Mir sin dofir alleguer mam Artikel 1 vum Gesetz d'accord, dee seet, d'Lëtzebuergesch as eis Nationalsprooch. Mä wann elo e Friemen dat liest, dann as dee ganz verwonnert, wann en den zweeten Artikel gesäit. Do schreiw mer dran, d'Gesetzter missten op Franséisch gemaacht gin, an d'Reglementer méi oder weëniger och. Mir hun d'Gesetzter schon op Franséisch gemaacht, mä mir hun nèt mussen, mir duurfte, wa mer wollten, och emol en Text hei op Däitsch stëmmen, wat mer eventuell gemaacht hätten, wa mer eng Konventioun maachen mat engem däitsch-sproocheg Land. Do fannen ech et jo awer e weëg cocasse, dass mer, wa mer mat Leit aus Rheinland-Pfalz oder och aus Eisträich eppes opsetzen, a soen »parlons français«. Et schwätzt een dach ëmmer mat denen anere Leit déi Sprooch, déi deem am geleefegsten as, du moment wou mir se jo och kennen.

Do as schon den 2. Artikel e weëg aus dem Wee par rapport zu deem eischten.

Da komme mer elo op dee Punkt, wou mer dat Règlement vun 1834 sollen duerch eppes anescht ersetzen. Do si mer dann op eemol oneens gin. Firwat si mer oneens gin?

Mir hun en Text dee seet: jiddereen diirf op Däitsch oder Franséisch un d'Autoritéiten eruntriieden, an hie muss an där Sprooch geäntwert kréien. Elo hu mer awer och gesot, d'Lëtzebuergesch as och eng Sprooch. Ech maachen hei elo keng Philologie, ech schwätze soziologesch. Lëtzebuergesch as eng Sprooch, obschon déi meescht vun eis am Schrëftleche Gebrauch nèt oft se gebrauchten. Et as staark agerass haut, géint fréier, dass een an der familiärer Korrespondenz haut ganz vill Lëtzebuergesch schreift.

Verlaange mer elo, an dat as deen Text, deen d'Kommissioun Iech virleet, d'Beamten missten de Leit, déi Lëtzebuergesch un se schreiwen, och Lëtzebuergesch äntweren?

Iwwer eent si mer eis eens. Mir affirméieren elo, dass een sech och op Lëtzebuergesch diirf un d'Autoritéiten adresséieren. Dat war bis elo schon ugeholl, mä et war néierens geschriwwen. Dat as och e positiven Acquis.

Elo kënn dann déi aner Fro. Muss déi betreffend Verwaltung de Leit op Lëtzebuergesch äntweren? Elo gët et gelungen. An engem Moment war d'Kommissioun sech zimlech ganz driwwer eens ze soe, jo. Do krute mer gesot, dat as vun de Fonctionnairen zevill verlaangt. Nët jiddereen as doranner trainéiert. Dat mag sin. Et as vläicht nèt esou einfach, eng administrativ Saach op Lëtzebuergesch ze maachen. Do gin ech nèt mat. Well et as kee Beamten, deen nèt bereet as, de Leit, déi bei hien an de Büro kommen op Lëtzebuergesch ze explizéieren wat hien hinnen ze soen huet. Da misst hien et dann och schreiw kënnen.

Et kann een en Text zitieren, deen nèt op Lëtzebuergesch as, den Här Staatsminister huet dat hei ervirgehewen, do as kee Problem. Ech kann och an engem lëtzebuergesche Gespréich oder Brëif en Text zitieren, deen op Däitsch oder Franséisch as, sou wéi en do steet. Dat wollt d'Kommissioun nèt verbidden.

Mä elo gët gesot, et as praktesch schwierig, mir kënnen dat nèt onbedingt zur Virschréift maachen, loosse mer schreiwen »dans la mesure du possible«.

Mä elo kënn dat Gelungent. Elo soe Leit, Dir deklasséiert d'Lëtzebuergesch. Vum Däitschen a Franséischen stung bis elo, d'Beamten missten an där Sprooch äntweren. Am Lëtzebuergesch maacht Der dat nèt, as d'Lëtzebuergesch da manner wäert wéi déi aner Sproochen? Et geet a Wierklechkeet nèt ëm de Wäert

vun där enger oder anerer Sprooch, et geet ëm d'Rechter an d'Flichten vun dene Leit, déi d'Sprooch hantéieren.

Da gët gesot, fir alles elo gläich ze maachen, da musse mer bei Däitsch a Franséisch och schreiwen »dans la mesure du possible«. An do kënn dann den Illogismus eraus. Et as dach awer gesot gin all Beamten hätten en Examen gemaacht ob se Däitsch oder Franséisch kënnen. Komescherweis schénge dat an der Carrière supérieure nèt iwwerall de Fall ze sin. Do hu mer e puer Leit, déi manifestement keen däitsch a kee franséisch kënnen, an awer dohinner gesat goufen.

An anere Länner, wann een naturaliséiert gët, as een awer ëmmer nach obligéiert, wann een sech fir eng Plaz mellt, dass een déi Sprooch kann, déi do verlaangt sin. Ech froe mech, ob et gutt as, dass mer esou large sin, dass elo d'Leit sech mussen nom Fonctionnaire richten, an nèt de Fonctionnaire no de Leit.

**M. R. Krieps (LSAP).** — No de Leit!

**M. Margue (CSV).** — Elo gi mer dann hin, wann Der den Amendement unhuet, da sot Der och bei Däitsch a Franséisch as et »dans la mesure du possible«. Dat gët jo dann awer Knätschgummi. Dann as jo awer de Fonctionnaire fräi ze maachen wéi et him passt. Da kann dee soen, et war mir eben nèt méiglech. Wat ech e weëg komesch fannen, dat as, den Här Staatsminister seet, mir maachen awer eng Circulaire, wou mer de Beamte schreiwen, si missten ëmmer an där Sprooch vum Schreiwen äntweren. Dat Bossest as, dass ee seet, Dir diirft dat nèt an e Gesetz setzen, awer mir setzen et an eng Circulaire. Verloosst Iech drop, da geet et och.

Eischtens emol, op eng Circulaire kann de Bürger...

**M. R. Krieps (LSAP).** — Mir diirfen et jo apparamment nèt duerch e Règlement grand-ducal maachen, well an der Konstitutioun steet, mir missten et iwwert d'Gesetz maachen. An da mécht den Här Staatsminister et duerch eng Circulaire. Dat as och nach eng aner Saach.

**M. Margue (CSV).** — ...Jo, eng Circulaire, op déi kann de Bürger sech dobaussen nèt als Rechtsnorm berufen. De Fonctionnaire soll sech drun halen. Mä et as eng Affär téschent him an der Autoritéit, déi iwwert him steet.

Da wëll ech awer op eppes hiweisen: D'Regierung kann nèt alle Fonctionnaire Circulären schécken, wat se ze maachen hun. Si kann denen der schécken, déi hir ënnerst. Mä si kann zum Beispill denen Damen an Hären aus der Justiz keng Uerdere gin; déi sin un d'Gesetzter gebonnen an un d'Reglementer, un d'Circulären nèt.

D'Regierung kann och keng Circulären un d'Gemenge schécken, wat se musse maachen. D'Gemengen mussen sech un d'Gesetzter an un d'Reglementer halen, mä nèt un d'Circulären. Wee bei hinne Chef as an där jeweiliger Gemeng, dat as de Schaffrot vun där Gemeng.

D'Regierung kann och keng Circulaire maachen fir déi sëllegen Etablissements publics, zum Beispill d'Kesen vun der Sozialversicherung an all déi anner parastatal, d'Eisebunn, wat wees ech alles. Mir kreieren där Etablissements jo all Dag méi. Déi Circulairé erfëllt nèt dee selwechten Zweck.

Dat as d'Ursach firwat ech zu dene gehéieren, déi den Text vun der Kommissioun léier hun. Ech hätt mech och kënnen offannen mat deem, op deen sech d'Kommissioun een Ablack fixéiert hat, d'Obligatioun bäizebehalen fir Däitsch a Franséisch, a baim Lëtzebuergesch d'Recommandatioun ze maachen »dans la mesure du possible«, well ech gesot krut: Dir verlaangt zevill vun de Fonctionnairen.

Awer datt mer, well beim Lëtzebuergesch soll zevill verlaangt sin, elo och bei denen anere Saachen, wierklech d'Obligatioun fale loos, dat schénge mer nèt gutt. Dir musst dach d'Leit huele wéi se sin. Mir hun der, déi nèt méi drun denken, sech d'Méi ze gin eppes op Däitsch ze schreiwen, well se gewinnt sin et ëmmer op Franséisch ze maachen.

Ech denke grad un d'Justiz. Normalerweis gin do d'Uerteler op Franséisch gemaach, d'Assignatioun gin op Franséisch gemaach, d'Konklusioun gin op Franséisch gemaach, et gët franséisch plädiert. Et huet keen eppes dogéint, mä et kënnen awer Fall sin, wou valabel Grënn sin fir eppes op Däitsch ze kréien.

Vergiesst eppes nèt: Et as eng al Traditioun, datt de Parquet, deen ee yirun e Gerticht zitt fir ee strofen ze loos, an dene

meeschte Fäll däitsch Zitatioune mécht, well en unhëlt, de Gros vun de Delinquenten a Kontraveniente géng dat besser verstoen. Wou e Grënn huet, fir dat nët unzehuelen, mécht en dat op Franséisch.

Et as eng al Traditioun, datt op Däitsch Zitatioune d'Gerichter och däitsch Uerteler spriechen, mä déi gët nët méi ganz agehalen.

Komplizéiert gët et natirlech, wann an enger Affär Zitatioune zesummekommen, déi eng op Däitsch an déi aner op Franséisch. D'Gesetz huet dat nët geregelt, et muss een unzehuelen, do steet et der Juridiktioon fräi.

Ech wëll lech nach e puer praktesch Saache soen. Mir hun heindsdo d'Noutwendegkeet en Uerteel an engem-däitschsproochge Land zoustellen ze loos. Mir hun d'Konventioun vun 1968 iwwer den Exequatur. Et kann de Fall antrieden, datt mir e Lëtzebuerger Uerteel mussen an Däitschland exequaturéire loos. Et as awer wirklech deem Pabeierkrich e wéineg vill, wann een et fir d'ëischt soll op Franséisch schreiwen an dann nodréiglech muss iwwersetzen. Da gin d'Käschen vun der Zoustellung schon doduerch vill méi héich. Mä virun allem, d'Konventioun vun 1968 verlaangt eng »beglaubigte Übersetzung«. Ween déi Beglaubigung mécht, dee léisst sech déck dofir bezuelen. Eist Geriicht misst kënnen — déi Leit hu jo och Examen gemaach; si hu fir d'lescht jiddefalls am Premiërexamen eng Dissertatioun op Däitsch geschriwwen — dat op Däitsch maachen, wann se op däitsch derfir gefrot gin.

Déi maachen dat elo ganz sécher nët méi, wann do steet »dans la mesure du possible«. Mä dat Ëmgekiert kënn och vir. Ech hu scho gesinn, datt e Portugies vun enger Verwaltung ugeschriwwen gouf op engem Formulaire op Houdäitsch. Wat deem sech geduecht huet, deem deem erausgeschéckt huet, dat weess ech wirklech nët. E konnt sech awer denken, dat wär déi lescht Sprooch, déi den Adressat géng kennen.

Mä »dans la mesure du possible«, mir hun dat esou do stoen, da schécke mer dat esou eraus. »Dans la mesure du possible«, dat as Knätschgummi. Do ka jidderee maache wéi e wëllt. Dat as de Grond, Dir léif Leit, firwat ech nët fir deem Amëndemënt sin, firwat ech fir den Text vun der Kommissioun sin.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** — L'orateur suivant est l'honorable M. Robert Krieps.

**M. R. Krieps (LSAP).** — Här President, dir Dammen an dir Hären. Mir doen eis et décidément ganz schwéier mat eiser Sprooch, well mer allem Uschäin no iwwer d'Finalitéit vun deem Gesetz nët ganz kloer sin.

Firwat hu mer iwwerhaapt déi Initiative geholl, fir dat Gesetz hei an d'Chamber ze bréngen?

Et geet zréck op eng Résolutioun vun der Chamber, déi gesot huet, et soll alles ënnerholl gin fir eis national Identitéit ze affirméieren an se och do, wou et noutwendeg wär, gesetzlech ze ënnermaueren, dat besonnesch wat vläicht dee wichtigsten Attribut vun eiser Identitéit as, dat as eis Lëtzebuerger Sprooch.

Dat war deem éischten Ulaf, an dat hätt ee mat relativ einfache Mëttele kënnen maachen, andeem ee gesot hätt: D'Nationalsprooch vun de Lëtzebuerger as d'Lëtzebuergesch. Da wär waarscheinlech esou zimlech alles gesot gewiescht, wat mer ze soe gehat hätten.

Wa mer eis alleguer eens gewiescht wären ëm wat et géng goen, nämlech eis lëtzebuergesch Identitéit ze affirméieren.

Mä duerno huet sech d'Situatioun komplizéiert, well op een zwee d'Finalitéit vun deem Gesetz guer nët méi déi selwecht war. D'Finalitéit vun deem Gesetz as eng aner gin, nämlech eng Demokratisatioun vun eise Relatiounen zwëschen Bürger an Obregkeet. Do — wéi den Här Margue et elo explizéiert huet — huet d'Affär sech natirlech terribel komplizéiert.

Si huet sech komplizéiert, well d'Situatioun komplizéiert war. Sécher hu mer emol fir d'ëischt eng Traditioun am Däitschen an am Franséischen, déi een nët einfach vum Dësch ka wëschen, mat där ee muss rechnen a vun där aus een och weess, dass se, wéi all déi Traditionen, déi nët geschriwwen sin, méi en zéit Liewen hun, als wéi dat wat heindsdo an de gesetzlechen Texter steet.

Well mer schon eemol mat der Finalitéit vun der lëtzebuerger Identitéit amgaange waren, a well mer eis an d'Broscht ge-

hätt hun, fir ze soen, d'Nationalsprooch vun de Lëtzebuerger as d'Lëtzebuergesch, do wollt mer awer kee Schrack zréckgoen. Do hu mer dann och deem Ulaf geholl, fir ze soen: An de Relatiounen tëscht dem Bürger an der Verwaltung an der Obregkeet as dann d'Lëtzebuergesch elo och gläichgestallt.

Dorobberhin, bei ëmmerhin 30 % Ausländer, wouvun der 20 % laténgeschen Ursprung sin, as déi vernünfteg Observatioun komm, fir ze soen: As et dann nët esou, dass mer engem Mann, deem mer e Rentebescheed zoustellen oder eng aner wichteg Informatioun, op d'allermannst eng Explikatioun op portugiesesch gin, wa mer wëssen, dass en Ferreira di Jesus géng heeschen? Sou komme dann an dat Gedessens eran, wou een nët méi weess, wou ee soll vernünftegerweis ophéieren, wou ee soll eppes an der Praxis änneren, a wou ee soll e gesetzlechen Text maachen.

Ee gegebene Moment hu mer an der Kommissioun driwwer geschwat, ob et vun Ufank un nët méi richtig gewiescht wär, wa mer statt e formalt Gesetz, higaange wäeren a mir hätten eng Deklaratioun vun der Chamber a vun der Regierung gemeinsam gemaach, wéi dat sénger Zäit 1967 gemaach gin as fir d'Resistenz a fir d'Victimes du Nazisme, fir ze soen: D'Lëtzebuerger Identitéit as eng historesch Tatsaach. Si ergët sech aus der Kultur, aus dem Sproochgebrauch, aus dem Trilinguisme, an eis Nationalsprooch as d'Lëtzebuergesch.

Dann hätt mer engersäits op eng relativ méi feierlech Manéier dobausse proklaméiert, wat eis Identitéit as a wat eis Sprooch as, a mir hätten eis nët an déi Situatioun gesat, wou mer ënner Ëmstänn hikommen, dass mer e Gesetz maachen, wat op eng ganz contraignant Manéier eppes affirméiert, vun deem mer scho wëssen, dass et an den nächsten 20 Joer nët gemaach gët.

Do froen ech mech, ob mer nët amgaang sin den Iesel esou ze belueden, mat lauter gudden Absichten, dass hannenno den Iesel zesammenbrécht. Ech hu mech gefrot, ob een nët déi pragmatesch Approche soll virzéien, statt eng formalistesche, juristesche Approche, wou mer e Gesetz maachen, mat enger ganzer Rei vun zwéngende Moosnamen, déi dra sin, déi sech hannenno géint d'Lëtzebuerger Sprooch dréien.

Den Här Margue huet elo mat Recht gesot, dass d'Lëtzebuerger Beamten duerchaus à même sin, fir engem Lëtzebuerger op Lëtzebuergesch ze explizéieren, wat an engem däitschen oder franséischen Text steet. Dat as ganz bestëmmt richtig. Manner richtig as, dass jiddereen à même as, fir an engem korrekten Lëtzebuergesch engem ee Brëif ze schreiwen. Wann een extrapoléiert aus deem, wat en elo grad gesot huet, dass also, wat de Beamtekader méi héich gët, wat d'Däitsch méi schlecht, dann stëmmt et och fir d'Lëtzebuergesch. Do muss ech fäerten, dass déi Proportionalitéit sech och do erëmfent.

Wa mer eng praktesch Approche hei géinge maachen — mir sin nun eemol engagéiert an där Procédure législative — da kënnen mer dat elo nët méi abandonnéieren a soen, mir maachen eng Deklaratioun, déi mer grouss vir an de Mémorial schreiwen, sou wéi mer dat 1967 gemaach hun beim Gesetz iwwer den Dommäage de guerre. Mir maachen dat elo nët méi, mä da loosse mer op d'mannst eppes maachen, vun deem mer wëssen, dass et eng Chance huet fir effektiv exekutéiert ze gin.

Or, wat as d'Schwiregkeet?

D'Schwiregkeet as, dass ee kaum engem Beamten eng Affaire disciplinaire mécht, well hien engem, deem op Lëtzebuergesch geschriwwen huet, op Däitsch geäntwert huet. Dat heescht also, dass mer vu vireran keng Sanktioun un dat Gesetz hei halen, woubäi et nët sécher as, datt eng Kéier, vläicht a 5 oder 10 Joer eng Décisioun vum Staatsrot këent, wou dra steet: Hei as e Mann, dee huet sech op Lëtzebuergesch un d'Verwaltung gericht, e krut op Franséisch geäntwert. Op Grond vun deem Gesetz, wat hei steet, as déi Décisioun, déi elo op Franséisch komm as, null an nichteg.

Iwwerleet lech, wat dat heescht, wa mer déi grouss Matière huelen. Wa mer elo en einfache Brëif huelen, do däreft keng Schwiregkeet sin. Mä huet déi grouss Décisiounen, wéi zum Beispill d'Installatioun vun Etablissements insalubres, incommodes et dangereux. Do si 5 Säiten Konditiounen opgefouert, wéi dann elo dat Etablissement muss ausgesinn. Da muss dat dann op Lëtzebuergesch kommen, well dee Mann deemools op Lëtzebuergesch geschriwwen huet. Wa spéiderhin gesot gët, en huet d'Konditiounen nët agehalen, da seet dee Mann, deem dee Moment an deem Gebai dran as: Ma ech si Belsch oder ech ka kee

Lëtzebuergesch liesen, well ech a Frankräich op d'Welt komm sin an ech hun do méng Schoule gemaach, mä ech si Lëtzebuerger, ech ka kee Lëtzebuergesch. Mir kommen also an eng enorm komplizéiert Situatioun eran, och juristesche gesinn.

Dofir mengen ech, wa mer bedenken, dass mer zënter 1834 d'Noutwendegkeet net hatten fir e cōtraignant Text ze maachen, dee bal op eng belsch Manéier de Leit imposéiert, wat se ze maachen hun. Mir sollte eis versichteg op deen neien Terrain beginn an, d'Relatioun tëschent der Administratioun an dem Bierger esou gestalten, dass se net dégénérieren an eng nei Verwaltungsobligatioun.

An eng nei Verwaltungsobligatioun, déi dem Bürger méiglecherweis net vill bréngt awer ënnert Emstän der Lëtzebuerger Sprooch en negative Bäigeschmaach géng bréngen, op d'mannst während där Generatioun vu Fonktionnären de tous poils à tous les niveaux. Den Här Margue huet mat Recht gesot, et sin net nëmmen d'Gemengen, déi direkt a Kontakt mam Bürger sin, et sin och déi grouss Verwaltungen, y compris d'Steierverwaltungen an eng Rei vun aneren.

Et as also net esou einfach.

Ech brauch net hei mech ze légitiméieren iwwert méng Opfaassung a méng Astellung vis-à-vis vun dem Lëtzebuerger Land. Méng Loyalitéit vis-à-vis vum Land as ënner Bewäis gestallt gin an engem Moment, wou et méi schwéier war wéi elo en Amendement ze maachen zu engem Text oder net.

Mir schéngt et raisonnabel ze sin, wann ee fir eng Kéier dem Staatsminister géng nolauschten a soen, loosse mir graduellment dat maachen, wat mir elo zënter 1834 net gemaach hun. Mir hu keen Text gemaach, deen dat irjendwéi géng regelen.

Et sin doraus eng Rei vun Inconvéniënen entstanden, sécher, mä si waren awer net esou, dass se eisen System a Verruff bruecht hun.

Loosse mer eis virun allem net dronken a geckeg maache loosse durch déi Zeitung, déi an 100.000 Exemplairen an Däitschland erschénkt, wouvun der héchstens nëmmen 50.000 verkaaft gin.

Si soen, si wären net nëmmen d'Deutsche Nationalzeitung, mä och nach d'Deutsche National- und Soldatenzeitung. Opgrond vun denen as reagéiert gin géint déi Artikelen, déi dra stongen an déi manifestement zum Deel op Onkenntnis berouen an zum Deel op schlechten Absichten.

Mir sin der Meinung, dass mir sollten den éischten Text bäibehalen, deen als Diskussionsgrundlage zielt.

Och do musse mir eis eens gin, Här President, iwwert wat fir een Text mir diskutéieren.

Je nodeem wat fir een Text, deen d'Grundlag as, well as et dee vum éischte Vote, da musse mir en Amendement zum Artikel 4 maachen; as et au contraire den Text vun der Kommissioun, da muss en Amendement zum Artikel 4 gemaach am Sënn vun dem Här Staatsminister.

Ech därf unhuelen, dass et sech ëm d'Gesetz handelt, wat mir an éischer Liesung schon eng Kéier verofschid hun a wou en Amendement dozou misst gemaach gin, wéi séngerzäit bei dem Gesetz iwwert den Divorce, wéi Ännerungen proposéiert gi sin par rapport zu dem éischten Text an Amëdement gemaach gi sin zu deem Text.

Als Diskussionsgrundlage déngt den Texte adopté en première lecture, zu deem dann d'Kommissioun en Amendement bréngt, deen dora besteet, dass mir géinge soen: »dans la mesure du possible« wär ze sträichen.

**Mme Reding (CSV), rapporteur.** — Här President. Den Här Robert Krieps huet elo grad d'Fro gestallt op wat fir ee Virschlag mir eis géinge baséieren. Mir mussen eis op deen neien Text vun der Kommissioun baséieren, well och nach aner Redaktionsännerungen virgeholl gi sin, déi an dem éischte votéierten Text net dra waren.

Et muss en Amendement vun der Châmber zum Artikel 4 kommen, zu deem Text, dee momentan vun der Kommissioun virgeschloe gët.

Als Basis muss deen neien Text vun der Kommissioun geholl gin. Den Amendement, dee jo schon virläit, as deen, deen d'Châmber dann zum Artikel 4 virleet.

**M. le Président.** — C'est l'opinion de M. Robert Krieps aussi, si j'ai bien compris.

**M. R. Krieps (LSAP).** — Neen, neen. Ech sin der Meinung, dass opgrond vun eise Reglement a vun der Dispositioun vun der Cōnstitutioun et esou as, dass dat, wat d'Châmber eng Kéier mat 59 Députéierten gestëmmt huet, den Text as, denn zur Diskussioun kënn.

Dorophon kënn d'Kommissioun, dat heescht 9 oder 11 Leit an déi maachen eng Propositioun fir dat ze änneren! Pas de problème! Mä ech gin dovun aus, dass dee Moment dat en Amendement as zu denen Texter, déi an der éischer Lektür gestëmmt gi sin. Dass iwwert déi Amëdementen séparéiert muss ofgestëmmt gin.

Et gët proposéiert am Artikel 4, do sträiche mir »dans la mesure du possible«.

D'Mme Rapporteur seet eis a wat fir engem aneren Artikel och nach eppes geännert gët.

Et muss klor sin, well déijéineg, déi net mat dem neien Artikel d'accord sin oder déi dem Staatsminister säi Rot unhuelen, da missten déi jo en Amendement abréngen, oder d'Regierung, fir dass den Text aus der éischer Lektür géng oprecht erhalen gin.

Et as esou, den Text vun der éischer Lektür as vun der Châmber ugeholl. En as aviséiert gin. Elo kënn en Amendement aus der Kommissioun dozou, dee vun 11 oder vu 6 oder 5 Leit gedroen as. Dat as en Amendement zu deem Text, deen an der éischer Lektür gestëmmt gin as, an iwwert deen soll extra ofgestëmmt gin.

Ech sin mam Här Margue och weider d'accord, dass munches nach ze maache bleift, an d'Mme Rapporteur huet bestëmmt de Mérite fir eng Rei vun denen Saachen ervirgestrach ze hun.

Haut de mueren ware mir an der Commission juridique zesammen an do hate mir d'Ordonnances de paiement, Mahn- und Zahlbefehl. Déi sin nëmmen op Franséisch.

Elo si mir amgang ze iwwerleën, ob dat soll op 100.000 Frang eropgesaat gin.

Dat heescht, elo kritt een en Ziedel, dee gesäit esou aus an do steet drop, Dir sid opgefuerdert 100.000 Frang ze bezuelen, op Franséisch.

Dee seet, dat as schéin a gutt, et as ee Pabeier, et as näischt. Et kënn keen Dirwieschter. Et kritt een dat an d'Haus geschéckt. E kann dergéint Asproch erhiewen. Dat steet op Franséisch enzousch geschriwwen.

De Mann versteet et net an e mécht et net. Dann huet e schon eng Etapp verpasst.

E kritt dat selwecht erëm eng Kéier op Franséisch zougestallt an dann as en definitiv, méiglecherweis, condemnéiert zu 100.000 Frang, opgrond vun engem einfachen administrative Verfahren.

Mir hun de muere gesot an där Kommissioun, dat misst op d'mannst op Däitsch an op Franséisch sin. Dat an der Perspektiv vun der Demokratisatioun vun eisen Relatiounen tëschent Bürger a Verwaltung.

Esou gären wéi ech am Häerz d'Meining vun der Mme Rapporteur an déi initial Zülsetzung approvieren fir ze soen, d'Identité nationale soll affirméiert, ënnerstrach a festgeschriwwen gin, esou fäerten ech, dass, wa mir et op dës Manéier maachen, mir en Text maachen, deen net exécutéiert gët vum éischten Dag un.

Et kritt kee Beamten eng Affaire disciplinaire gemaach, wann en deen Text net exécutéiert. Or, hien huet e gesetzlechen Text, wou steet, wann op Däitsch geschriwwen gët, muss Dir op Däitsch äntweren, wann op Franséisch geschriwwen gët, muss Dir op Franséisch äntweren a wann op Lëtzebuergesch geschriwwen gët, muss dir op Lëtzebuergesch äntweren, a wann Dir dat net maacht, dann hut Dir d'Gesetz verletzt. Or, Dir hut en Eed geleescht, d'exécuter les lois et règlements vun dem Lëtzebuerger Stat. Dir sid en faute.

Dat wëllt jo kee verstännege Mensch heibannen. Da solle mir et och net schreiwen, well soss si mir jo hei vu vieren d'accord, dass mir en cōtraignant Gesetz maachen, awer drop verzichten fir et ze exécutéieren.

Mir sollen also net maachen wéi wann, an et herno awer net maachen.

Ech sin der Meinung, dass dat, wat mir an der éischer Lektür gemaach hun »dans la mesure du possible«, deem entsprécht, wat hei zu Lëtzebuerg 85 % vun de Leit denken.

Nämlech loosse mir eist Liwen net verkomplizéieren, loosse mir net d'Procédure administrative nach méi schwéier maachen,

well da muss de Beamten ënnert Ëmstänn een Dossier wäit hanner hin siche goen fir ze kucken op d'Requête, déi virun engem Jor gemaach gin as op Lëtzebuergesch oder op Franséisch war.

Wat as, wann dertëscht administrativ Virgäng leien? En Avis vun enger Kommissioun. Ech hätt nawell gären Menung gehat vun der Mme Rapporteur.

Stellt Iech vir mir hun en Dommage de guerre-Problem? E Mann adresséiert sech un den Dommage de guerre a seet, ech hun eng Rent zegutt. Da kënnt d'Commission des rentes a mécht eng Délibération a seet, de Mann huet eng Rent zegutt vun 10 oder 15 %. Déi mécht dat forcément op Franséisch. De Mann huet awer op Lëtzebuergesch geschriwwen.

De Mann geet dann an de Ministère vun der Santé a liest wat geschriwwen as. A séngem Dossier steet dat op Franséisch. E seet, ech sin net domat d'accord, ech hun op Lëtzebuergesch geschriwwen.

Et kann een doraus ganz vill Schikane maachen, wann ee wëllt. Dofir sin ech der Menung, dass een dat soll cum grano salis abordéieren, esou wéi de Gros vun eise Bürger et ëmfënd.

Et as net ouni Intérêt fir ze gesinn, dass deen Här, deen ëmmer identifizéiert gët mat der »Aktioun Lëtzebuergesch« extra drop higewisen huet an der Zeitung, dass et net d'»Aktioun Lëtzebuergesch« wär, déi verlaangt hätt, dass eng Requête, déi op Lëtzebuergesch war mat Lëtzebuergesch misst beäntwert gin.

Et as net vun ongeféier, dass déi »Aktioun Lëtzebuergesch« gesot huet, mir waren dat do net.

Och déi spieren, dass, wa mir zevill wäit schéissen, mer der Lëtzeburger Sprooch méi ee schlechten Déngscht wéi ee gudde Déngscht leeschten.

Ech sin dofir derfir, dass mir den Artikel 4 an der éischter Fassung bäibehalen an net d'accord sin mat enger Ännerung am Sënn vun dem Kommissiounstext, deen hei präsentéiert as gin.

Fir eng Kéier wär ech dann d'accord mam Staatsminister fir him ze follegen. Well dat jo net esou dacks virkënt, muss Dir unhuelen, dass et e gudde Rot war, deen hien eis gin huet.

Domat as awer net alles geléist.

Mir behalen nach de Problem tëscht Däitsch a Franséisch a behalen de Problem mat de portugieseschen an italieneschen Matbürger.

Ech sin der Menung, dass wann ee gesäit, dass Miguel de Pereira do uewe steet, dass et eng Zoumuddung as, wann een deem en däitschen Text schéckt, wou ech him soen Är Rent vun Ärem Akzident, déi as fixéiert op 10 oder 15 % oder Är Chômage-Demande gët net ugeholl.

Do sollen op d'allermannst Virdréck gemaach gin, quitte, dass den Text op Franséisch bleift, mat awer derniewent Explikationen wat et bedeit.

Mir kënnen dach net einfach virgoen a soen mir sin zu 70 % Lëtzeburger hei zu Lëtzebuerg, déi aner hu Pech, mir fuere virun, mir maachen eis grouss Suergen wéi et mam Lëtzebuergeschen as, wou awer nëmmen 2 bis 3 % vun eise Bürger géngen Lëtzebuergesch schreiwen a verlaangen, dass op Lëtzebuergesch mat hinnen correspondéiert gët, wou mir awer wëssen, dass ee ganz grouse Koup auslännesch Matbürger, wou der och nach ënnert dene sin, déi am mannsten Virkenntnisser matbréngen, dass mir denen dann awer Texter op Däitsch, a wann et ganz gutt geet, op Franséisch schécken, ouni dass mir eng Ustrengung maachen, fir se mat engem portugieseschen Text ze begleden.

Dobäi as erauszuhuelen den Service de l'Immigration, dee ganz zevirkommend as an alles dat, wat de Leit matzedeelen as, an hierer Sprooch derbäi leet.

Och eng Rei vun anerem Administratiounen, déi ganz vill mat Portugiesen oder Italiener ze din hun, suergen dofir, dass hir Beamten, déi do an der Rezeption sin och portugiesesch kënnen. Dat as ze ënnersträichen a gutt ze heeschen.

Mir sollen hei net maachen wéi wann et nëmmen ee Problem hei géng gin. Et gët pour le moins een zwete Problem, deen de Moment wuel esou akut as, an dat as deen vun der Verständnegung tëscht den immigréierten Matbürger an der Lëtzeburger Administratioun.

Ech erënnere hei nach eng Kéier un dat, wat mir schon opgeworf hun am Kader vun den Diskussiounen iwwert de Budget, nämlech en anerem Phänomen, dee grad esou wichteg as.

Ech sin iwwerzeugt, dass d'Mme Rapporteur mat mir d'accord as. Et as déi Aart a Weis wéi déi däitsch Kulturszene —

dat as dat net däitscht Wuert, alles as eng Szene haut: Terror-szene, Drogenszene — bei eis Iwwerhand hält.

Ausgoend vum Ëmstand, dass mir wirtschaftlech an enger Dependenz sin vis-à-vis vun Däitschland, wou mir wëssen wéivill Import an Export mat Däitschland geschitt, kënnt derbäi, dass een d'Pente vum mannsten Effort noheet. D'Leit dréinen déi preisesch Televisioun un oder lauschteren de Radio. Déi aussergewöhnlech Phänomenen, déi muerens do récitéiert gin, wann een mat der verstuerwener Fra am Jenseits communiquéiert. Dat wäert jo haut wäitgehend zu der Opklärung vun de Lëtzeburger baidroen, wann se mat hire Verstuerwenen elo iwwert parapsychech Mëttelen kënnen communiquéieren!

Ech sin der Menung, dass mir eppes mussen maachen, dass mir eisen Trilinguisme an eise Biculturalisme oprecht erhalen an e bewossten Effort mussen maachen fir d'Franséisch an eng franséisch Formatiounen méi héich an de Kurs ze setzen, an drop hinweisen, dass mir eis Studenten erëm an d'Belsch, a Frankräich oder an déi franséischsproocheg Schwäiz schécken an net alleguer direkt hei vir op Tréier, well dat méi no läit a méiglecherweis net esou schwéier as.

Mir müssen do e bewossten Effort maachen, alleguer mateneen. Wat hëlleft dat eis, wa mir herno soen mir géngen Lëtzebuergesch schwätzen a schreiwen an en fin de compte as et preisesch. Wann et esou virugeet, da schwätze mir kee Lëtzebuergesch méi, mä Preisesch an hun en déckt Lach am Kapp.

Mir hun e schéinen Text gemaach, mais en fait as et op der Strooss ganz anescht.

**M. le Président.** — La parole est à l'honorable M. Hubsch.

**M. Hubsch (DP).** — Här President, dir Dammen an dir Hären. Beim Projet 2535 handelt et sech bekanntlech ëm eng zweet Lecture. De Projet as schon am Fong diskutéiert gin an ech wëll mech dofir op ee Punkt beschränken, nämlech op deen ëmstriddenen Artikel 4.

Dir erënnert Iech, dass mer am Juli 1983, bei der éischter Lecture, scho vill Diskussiounen grad iwwert dësen Artikel haten. Den Text, dee mer deemols ënnerbreet kritt hun, huet virgesinn, dass e Bürger, deen sech schrëftlech op Franséisch, Däitsch oder Lëtzebuergesch un eng staatlech Verwaltung oder un eng Gemeng geriicht huet, och an där Sprooch eng schrëftlech Äntwert misst kréien, déi hien gebraucht hat.

No laangen Diskussiounen huet d'Chamber awer font, dat géng zu Schwieregketen féieren, besonnesch well déi Lëtzebuergesch Sprooch net équipéiert wir, fir technesch oder jhuristesche Problemer ze behandelen. Dofir as denn och den Ausdruck »dans la mesure du possible« bäigesat gin. Aus der Muss-Bestëmmung as also eng Kann-Bestëmmung gin. Dës Léisung as dann och hei an der Chamber gestëmmt gin.

Vill Leit waren awer net iwwer dës Léisung, an an der Spezialkommissioun, déi dës Projet ze behandelen hat, sin d'Diskussiounen erëm frësch opgeflaamt.

Den Rapporteur, d'Mme Reding, huet dat ganzt Hin an Hier op eng exzellent Manéier geschter hei résuméiert.

No laangen Diskussiounen huet d'Spezialkommissioun décidéiert, fir erëm d'Muss-Bestëmmung an d'Gesetz anzuschreiwen. Mir stin also haut virun der Alternativ, entweder den Text unzuhuelen, deen d'Spezialkommissioun virschléit, oder beim Text ze bliewen, dee mir am Juli 1983 hei gestëmmt hun.

Fir déi zwou Léisungen schwätzen och gutt Argumenter. Wa mir wëllen d'Lëtzebuergesch dem Däitschen an dem Franséischen gläichstellen, da misste mir och kënnen vun de Beamten verlaangen, dass se Lëtzebuergesch schreiwe kënnen.

Wa mer awer d'Saach vun der praktescher Säit kucken, da mussen mer zouginn, dass den obligatoresche Gebrauch vum Lëtzebuergeschen an de Verwaltungen, ob dat beim Stat oder bei de Gemengen as, zu allerhand Schwieregketen kann féieren.

Ech sin dofir d'accord mam Här Wagener, dass mir haut sollen e Schlusstréch ënnert dës Debatten zeien. D'DP-Fraktioun huet iwwerens geschter bei hirer wöchentlecher Fraktiounssëtzung dës laangen an dës breiden iwwert den Artikel 4 diskutéiert an dobäi as festgehalen gin, dass bei dësem Projet all DP-Deputéierten séngem Gewëssen no soll stëmmen. Et gëtt also fir eis keen Fraktiounszwang, mä et huet sech awer beim Menungsaustausch ergin, dass eng ganz staark Majoritéit an der DP as, déi dem Text aus der éischter Lecture de Virzuch gët.



Aus deem Grond ralliiert sech och d'Majoritéit vun der DP-Fraktioun dem Amendement, deen den honorablen Här Wagener gëschter hei abruecht huet.

Wat déi Fro ugeet, déi den Här Robert Krieps opgeworf huet an op déi d'Mme Reding jo elo geäntwert huet, nämlech iwwert wat fir een Text mer eigentlech diskutéieren, wëll ech folgendes soen: Am Fong si mer eis eens; mir wëllen den Text vun der éischter Lecture, mä vü dass mer diskutéieren iwwert den Text vun der Kommissioun, musse mer jo den Amendement stëmmen, deen den Text vun der éischter Lecture erëm guttheescht.

D'Erklärungen, déi den Här Staatsminister gëschter hei gin huet, gi jo och an déi selwecht Richtung. Et as aus praktesche Grënn, wou mer sollen beim Text aus der éischter Lecture bleiwen, oder beim Amendement, deen den Här Wagener hei aruecht huet an deen jo och ënnerschriwwen as vu Verrieder vun den zwou Majoritéitsparteien, nämlech vun den Hären Mosar, Meintz, Juncker, Hamilius an dem Här Wagener selwer.

Ech sin der Meinung, dass et beim Gesetz iwwer d'National-sprooch drëm geet, fir dem Lëtzebuergeschen déi Plaz ze gin, déi em zoustoet, awer nët fir de Beamten an de Verwaltungen nei Schikanen a Cötrafanten opzeleën.

Mir leën also als DP-Fraktioun d'Haaptgewiicht op d'praktesch Grënn. Et as och an deem Sënn, wou ech wëll e puer Probleemer opwäerfen a Suggestiounen maachen.

Mir hun zënter e puer Joer eng offiziell Schreifweis, déi zwar nët iwwerall ugewant gët, mä déi awer de Mérite huet, dass se iwwerhaupt existéiert. D'Fro stellt sech, op dës Schreifweis nët sollt reforméiert a vereinfacht gin.

Wa mir wëllen, dass d'Beamten, esouwäit dat méiglech as, op Lëtzebuergesch äntweren, da wir et och ubruecht, fir hinnen ganz kloer Richtlinien ze gin an hinnen ze hëllefen, sech mat dene gängge Formelen ze familiariséieren, déi ëmmer erëm an der Verwaltungsarbeit erëmkommen.

Et stellt sech och de Problem vun den Uertsnumm, wou bei verschiddenen Uertschaften ëmmer nach verschidden Schreifweisen ugewant gin.

Ech mengen, et wir un der Zäit, fir och do eng definitiv Regelung ze fannen. Et kënn een zum Beispill eng lëtzebuergesch Sproochenakademie schafen, an där all Tendenzen a Gruppen, déi sech mat der Lëtzebuerg Sprooch beschäftegen, vertratt wieren.

Mä dat si Probleemer, déi am Fong nët direkt eppes mam Artikel 4 ze din hun. Ech wëll dofir als Konklusioun nach eng Kéier betounen, dass méng Fraktioun den Text guttheescht, esou wéi en an éischter Lecture gestëmmt gin as. Wann awer, wéi de Rapporteur, d'Mme Reding, eis elo grad hei erklärt huet, mir eis mussen op den Text vun der Kommissioun baséieren, dann stëmmt méng Fraktioun fir den Amendement vum Här Wagener.

**M. le Président.** — La parole est à l'honorable M. Bisdorff.

**M. Bisdorff (KP).** — Här President. Et war de 7. Juli 1983, wou d'éischt Léisung vum Sproochgesetz hei an der Chamber erfollegt as, an déi konnt érischt virgeholl gin, nodeem schon zwee Joer laang virdrun an der Spezialkommissioun iwwert de Gesetzestext diskutéiert gin as, deen zwar nët laang as — en huet nëmmen fënnf Artikelen —, deen awer dach eng Rei vun Ausenanersetzungen a géigesätzlech Usiichten zum Virschäin bruecht huet.

Déi Diskussioun deemools huet awer bei verschiddene Leit Ulass gin, fir op d'Gefillsdrüsen ze drécken a fir e Bekenntnis ofzegin zu einer nationaler Sprooch, méi gefillsméisseg wéi an der Realitéit.

Esouguer den Här President huet d'Sëtzung op lëtzebuergesch gefouert a verschidde Spriecher, déi hei normalerweis hir Ried nëmmen op Franséisch virdroen, hun sech deemools beméit eng Ried op Lëtzebuergesch erofzeliesen.

Dëst verballt Bekenntnis zu eiser Sprooch an zu eiser nationaler Eegestännegkeet huet awer nët laang ugedauert. Et huet seier séng Grenzen font, wou et drëm gaangen as, praktesch Probleemer unzegoen an och d'Konsequenzen ze zéien aus der Ausso vum Artikel 1, deen jo seet, dass d'Sprooch vun de Lëtzebuerg Lëtzebuergesch as.

Den Artikel 4, deen dauernd hei zur Diskussioun steet, verlaangt, dass d'Äntwert un e Buerger, deen e Bréif un d'Administration geschriwwen huet, soll an där Sprooch geschéien, an

där de Korrespondent — dat heescht, op Däitsch, op Franséisch oder op Lëtzebuergesch, je nodeem a wat fir enger Sprooch — sech un d'Administration geriicht huet.

Deemools hu verschiddener gemengt, dat géing der Administration grouss Schwiregketen bréngen. Besonnesch d'Mme Polfer as hei opgetratt, fir déi Meinung ze verrieden. Doduerch huet den Här Werner selwer eng Ännerung am Gesetzestext proposéiert, déi virgesäit, dass déi Äntwerten nemmen sollen geschéien, esou wäit wéi méiglech, an där Sprooch, déi de Korrespondent ugewant huet.

Den Här Margue hat deemools en aneren Ännerungsvorschlag abruecht, wou dat »esou wäit wéi méiglech«, sech nëmmen méi op dat Lëtzebuergesch bezunn huet, a nët méi op déi zwou aner Sproochen.

Et huet missten den Här Goedert sin, deen opgetratt as, fir ze verlaangen, dass den Amendement vun der Regierung d'Virrecht huet, fir dass en och konnt ofgestëmmt gin géint fënnf Stëmmen. En as deemools also ugeholl gin.

Duerno as dat Ganzt zrëck an d'Spezialkommissioun gaangen a no villen Diskussiounen a nodeem fir d'éischt en aneren Ännerungsvorschlag abruecht gi war an duerno erëm falen gelooss gin as, huet d'Kommissioun sech an hirer Majoritéit erëm zum ursprüngelechen Text bekannt, deen se och elo erëm eng Kéier hei ënnerbreit.

Mir begrëissen dat, well mir si mat deem Text, esou wéi en ursprüngelech vun der Kommissioun proposéiert gin as, a wéi en elo nach eng Kéier hei proposéiert gët, averstanen.

Mir sin nët averstanen mat deem Ännerungsvorschlag, deen elo erëm eng Kéier abruecht gin as.

Wann et esou weider geet, dréie mer dauernd am Kreess ronderëm. Et schéngt esou, wéi wann verschiddener Angscht hätten virun hirem eegene Courage.

Et as een sech nämlech nët konsequent, wann een op där enger Säit am éischten Artikel vum Gesetzestext seet, dass d'Lëtzebuergesch d'national Sprooch wir, well da muss een nämlech och där Sprooch all Rechter als eng eegen Sprooch unerkennen.

Besonnesch muss jo dann de Stat dat maachen an och verlaangen.

Wann d'Zesummesetzung vun de Staatsbeamten esou wir, wéi se bei eis an der Bevölkerung as, dat heescht, dass mer 30 % Ausländer an eise Staatsapparat hätten, da kënn een natiirlech esou eng Saach nët verlaangen.

Am Géigendeel, da misst een déi Aschränkung, déi elo sollt gemaach gin, och virhuelen.

D'Beamten si nun awer alleguer Lëtzebuerg an et kënn een unhuelen, dass se doduerch och hir national Sprooch missten beherrschen.

Et as dofir nët allzevill verlaangt, géing ech mengen. Mir brauchen nëmmen iwwer d'Grenzen ze kucken an do feststellen, wat fir eng Schwiregketen sech ergin, wat d'offiziell Uwendung vun de Sproochen ubelaangt.

An der Belsch gët nët nëmmen vun de Beamten, mä esouguer vun de Gewielten, egal op kommunalem oder regionalem Plang, verlaangt, dass se en Examen ofleën, an esou nowiesen, ob se déi Sprooch vun deem Gebitt, an deem se tätég sin, beherrschen.

Dat heescht, een deen a Wallonien gewielt as, muss och kënnen beweisen, dass en d'Franséisch beherrscht. Een deen a Flandern gewielt as, muss beweisen, dass en déi flämesch Sprooch beherrscht.

Mir wëllen natiirlech kee Sproochesträit hei erviruffen, well ech mengen, e Lëtzebuergesch schwätzt Lëtzebuergesch an et brauch en him dat nët nach offiziell opzeerleën.

D'Schwiregkeet, déi verschidde Leit elo ëmfannen mat der Uwendung vum Artikel, esou wéi d'Spezialkommissioun e virschléit, as ménger Meinung no zum groussen Deel nëmmen e Virwand an as och nëmmen doduerch ze erklären, well se nach nët bereet sin d'Lëtzebuergesch als Sprooch unzuerkennen.

Déi Meinung as jo esouguer nach wäit verbreet innerhalb vun de Lëtzebuerg, déi mengen, Lëtzebuerg wir nëmmen eng Mondart oder en Dialekt, an et wir keng regelrecht Sprooch. Hei muss een déi Saach e bëssen historiesch gesinn, well eng Sprooch as nämlech näischt Statesches, et as eppes, wat sech entwéckelt, grad esou wéi Dialekt a Mondarten och, an ech sin esouguer der Meinung, dass een dat, wat hei an eiser Géigend virun 200 oder 150 Joer geschwat gin, nët hätt kënnen als Sprooch titulieren.

Awer zënterdeem mir en onofhängegt Land si gin, hun sech natierlech d'Nationalgefill an och d'Sprooch entwéckelt an et as zu enger regelrechter Sprooch kouw, déi Träger as vu Kultur a vu Literatur. Besonnesch an der leschter Zäit muss een d'Vitalitéit vun där Sprooch dach unerkennen, besonnesch wat hir Aktivitéit um kulturelle Gebitt ubelaangt.

Verschiddener mengen, et géngen Schwiregketen an der Praxis oprieden, well mer vill Texter a Formularen hun — et kann een souguer soen, alleguer —, déi net op Lëtzebuergesch sin an da misst een jo déi Texter elo all iwwersetzen.

Dorém geet et jo net! Et geet nëmme dorém, dass een sech an der Lëtzeburger Sprooch kann ausdrécken an dass een dat, wat een als Zitater muss gin, op Däitsch, Franséisch oder esouguer Englesch oder an dene Sproochen, déi nach an der EG geschwat gin, kann als Originalzitat derbäileën an dass dann deejéinegen, deen do Schwiregketen huet, sech jo herno nach souwiso kann verschiddener vun denen Texter erkläre loosse.

Well déi offiziell Texter, ob am Däitschen oder am Franséischen, sin net esou einfach, esouguer net fir deen, deen déi entspriechend Sprooch kennt. Et brauch een nëmme dat hexagonal Franséisch ze liesen, dat an eise jhuristesche Sproochegebrauch ugewant gët. Dat as wierklech fir een, deen net an der Matière dran as, guer net esou einfach, fir ze verstoen, wat effektiv gemengt as. Deen muss sech oft herno Erklärungen gi loosse, fir ze wëssen, wat em do eigentlech offiziell matgedeelt gin as.

Dat as och an där leschter Debatt hei vu ville Riedner zum Ausdrock bruecht gin, wéi vun der Dräisproochegkeet geschwat gin as, déi an eise Land géng existéieren, an et gët sech domadder esouguer e bëssen gebrezt.

Mä déi Dräisproochegkeet gët awer net an en Gesetzestext ageschriwwen. Do existéiert da nëmme méi d'Zweesproochegkeet oder, wann et esou gemaach gët, wéi elo deen Amendement dat virgesäit, da komme mer op d'Eesproochegkeet zrëck, wall da kann natierlech de Beamten sech op déi Bestimmung beruffen »dans la mesure du possible«, an e wielt a senger Korrespondenz, déi e mat de Bürger muss féieren, einfach nëmme d'Däitscht oder d'Franséisch. Da komme mer net op d'Dräisproochegkeet, mä mir kommen op d'Eesproochegkeet zrëck.

Zu engem Zäitpunkt, wou verschiddener schon e puermol op d'Tribün komm sin an dat och an offizielle Saachen verlaangen, dass déi friem Dokterer sollten Lëtzebuergesch léieren, fir sech kënnen mat de Patienten ze verstännegen, an deem selwechten Abléck higin, a net dat selwecht vun den öffentleche Beamten verlaangen.

Et besteet also e bestëmmte Widdersproch an där ganzer Saach an ech mengen, mir sollten wierklech woen dee Schrëtt ze maachen an d'Konsequenz aus deem ze zéien, wat mer am Artikel 1 vum Gesetzestext soen. Mir sollten och dat am Artikel 4 oprecht erhalen an dofir den Text esou unhuelen, déi d'Spezialkommission en der Chämber virgeschloen huet.

**M. le Président.** — L'orateur suivant est l'honorable M. Dichter.

**M. Dichter (CSV).** — Här President, Madame, dir Hären. Et geet hei em eng zweet Liesung vum Sproochegesetz. Ech wëll mech haaptsächlech mat denen Artikelen ofgin, déi haut wierklech an der Diskussioun sin.

Am Urtext vun der Kommissioun seet den Artikel 1 och haut nach, dass d'Nationalsprooch vun de Lëtzeburger Lëtzebuergesch as.

Den Artikel 4 seet, dass d'Bréiwer an d'Ufroen un eng öffentlech Verwaltung, déi op Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch geschriwwen wieren, missten och eng Äntwert an där Sprooch kréien.

Et géng ze wäit féieren, fir nach eng Kéier déi ganz Affär ofzewéckelen, wéi dat sech bis elo zougedroen huet, sief dat an der Chämber selwer oder an der Spezialkommissioun.

Ech wëll awer kuurz e puer Bemerkungen maachen, déi sech op den Artikel 4 bezieen.

D'Spezialkommissioun huet an hirer leschter Sëtzung an hirer Majoritéit beschloss, nees zrëck op hir Féiss ze falen, dat heescht erëm eng Kéier der Chämber dee selwechten Text virzeleën, dee schon déi éischte Kéier hei an d'Chämber komm war.

Ze bemierken as, dass deen Text déi éischte Kéier hei an der Chämber zwar net ugeholl gin as, mä déi Opfaassung vun der

Kommissioun war déi hei: dass op dës Aart a Weis e ganz grouss Virdeel géng entstoën, an zwar géifen déi dräi Sproochen — Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch — gläich behandelt gin, d'Rechter vun de Bürger géifen doduerch bewaart gin, sou dass jiddereen géng geäntwert kréien an där Sprooch, déi e gebraucht hat, fir ze froen, an d'Lëtzebuergesch géng op déi Aart a Weis hei net an den Eck gedréckt gin.

D'Spezialkommissioun war sech och bewosst, dass eng Parti Nodeler domadder verbonne wieren an den Hauptnodeel wir deen, dass wann d'Gesetz an där doer Form gestëmmt géif gin, e groussen Deel vun eise Verwaltungen geplott géife gin.

Déi Plo besteet doranner, dass wann e Bréif oder eng Ufro op Lëtzebuergesch erakënnt, och muss eng Äntwert op Lëtzebuergesch erausgoen.

Ech wëll deem awer Folgendes entgéint halen: Mir hu säit etlech Joren eng Lëtzeburger Schreifweis, an déi as och reglementéiert. Déi Schreifweis as säitdeem net am Tirang leie bliwwen, mä si as erausgedroe gin énnert d'Vollek. Si as esouguer an Zeitungsartikelen während Wochen a Méint de Leit kloer gemaach gin. Ech ka mech un Televisiounsemissiounen erënnere, wou déi Lëtzeburger Schreifweis jidderengem zougänglech gemaach gin as. Ech hun als absoluten Nötfachmann festgestallt, dass dat eng Schreifweis as, déi sech léiere léisst.

Dofir sin ech och der Menung, dass eis Verwaltungen, déi all Dag nei Saachen musse léieren, déi all Dag mat neien Texter befaasst gin, mat neie Gesetzter, déi mer hei stëmmen, déi also dauernd an Evolutioun sin, et och géinge fäerdeg bréngen, fir déi Lëtzeburger Schreifweis ze léieren, fir op déi Aart a Weis alle Leit, déi e Bréif op Lëtzebuergesch schreiwen, och kënnen op Lëtzebuergesch ze äntweren.

Nun ee Wuert zum Amendement, deen geschéit hei vum Här Wagener déposéiert gin as. Ech perséinlech sin net mat deem Amendement averstanen, wéile ech och an der Chämberkommissioun mech fir den éischten Text ausgeschwat hun, an zwar aus där Ursaach, déi och vu verschiddene vu méng Virriedner hei schon duergeluegt gin as. Ech gesinn dee Moment eng gewëss Kontradiktioun tëschent dem Artikel 1 an dem Artikel 4.

Wa mer am Artikel 1 feierlech betounen, dass eis national Sprooch d'Lëtzebuergesch as, da mengen ech, misste mer dem Lëtzebuergesch an méi ubidden wéi jhust eng Trouschtplaz an deem Gesetz oder vläicht en Aushängeschëld fir dat Gesetz.

Vill Leit dobaussen schwätzen vun dësem Gesetz. Et wir e Gesetz iwwert d'Lëtzeburger Sprooch; mä et as dat net, et as dat Gesetz, dat de Sproochegebrauch hei zu Lëtzebuerg soll regelen.

Déi meeschte Lëtzeburger erwaarden sech also eppes vun hirer Mammesprooch, dat an dësem Gesetz soll verwierklecht gin.

Ech perséinlech mengen och, dass mer eis mat deem Amendement kënnen lächerlech maachen, vläicht net de Moment, mä awer an enger Rei vu Joren, wann déi Widderspréch tëschent dem éischten an dem véierten Artikel géifen opgedeckt gin.

Ech sin dofir och der Menung, dass wann den Arrêté vun 1834 net agehale gouf, dass et dann och waarscheinlech ganz schwéier wäert sin, fir en Circulaire anzehalen, deen un all Verwaltungen soll goen, wou ech elo scho sécher sin, well mer esou vill Verwaltungen hun, dass déi eng oder aner Verwaltung deen Circulaire géng bei hire Leit anesches interpretéieren wéi déi aner, an dann hätte mer eng komplett Anarchie an där Saach do.

Ech wëll heibäi awer och ee Wuert verléieren iwwert eng Aktioun, déi schon bal Joerzéngten hei am Land hirt méiglechst mécht, fir d'Lëtzebuergesch erëm eng Kéier méi an d'Luucht ze bréngen. Dat as d'Aktioun Lëtzebuergesch. Et sin si, déi wierklech äifreg agetruede sin an der leschter Zäit fir eis Sprooch, an et sin och si, zesummen mat eis alleguer, déi kënnen feststellen, dass all déi Beméiungen Friichten gedroen hun. Denke mer nëmme un déi grouss Zuel vun Annönden a Matdelungen an den Zeitungen, déi haut op Lëtzebuergesch gemaach gin an déi soss ëmmer op Däitsch oder op Franséisch geschriwwen si gin.

Denke mer u Gléckwësch, denke mer u Bréiwer, esou gin et eng ganz Parti Leit, déi an hirer Korrespondenz Lëtzebuergesch gebrauchen.

Ech mengen, et wir och als positiv ze betruechten, wéi den Här Staatsminister geschéit gesot huet, a leschter Zäit kéimen och an de Ministären eng ganz Parti Bréiwer op Lëtzebuergesch.

Doniewent géng ech soen, dass och mir an der Chämber op dee Wee ageschwenkt sin. Elo grad huet den Här Bisdroff nach



gesot, dass mer e Gesetz gemaach hun, an deem mer vun den Dokteren an den Zänn dokteren verlaangen, dass se eng Sprooch schwätzen, déi hir Patienten verstinn. Et ass zimlech schwéier, wann een krank ass an et muss een mat engem Dokter zesummen schaffen, deem een net kann erklären wat een huet. Et huet een net déi néideg Kenntniss, fir him dat op Franséisch oder op Vietnamesch ze erklären an et huet een och net déi Kenntniss, fir deem Dokter ze verstoen, wann e mat engem schwätzt.

Dat selwecht hu mer och eng Kéier hei an der Châmber gemaach mat engem Chines, deem wollt Lëtzeburger gin. Hien huet e Restaurant hei niewendrun a mir hun deem Mann de Reproche gemaach, mir kënnen hien net Lëtzeburger maachen, well hien nach bal keen Lëtzeburger kennt schwätzen.

Ech sin e puermol dohinner iessen gaangen, fir ze kucken, wéi de Mann sech géng entwéckelen an séngem Lëtzeburgergesch. Ech ka mer virstellen, dass et ganz schwéier war fir hien, fir Lëtzeburgergesch ze léieren. Mä wa mer esou wäit gin, da muss mer och zougestoen, dass déi Leit, déi sech op Lëtzeburgergesch un eng Verwaltung wend, och kënnen op Lëtzeburgergesch geäntwert kréien.

Loost mer déi Entwécklung, déi amgaangen ass, net bremsen. Loost mer stolz sin op eis Sprooch an ech mengen, mir sollten och déi Leit net discouragéieren, déi amgaang sin eis Sprooch op déi Aart a Weis erëm méi enner d'Leit ze bréngen.

Ech selwer sin och der Meinung, dass déi vill Zäit, déi mer elo hei verbraucht hun, fir deem Artikel 4 opzesetzen, hätt kënnen anescht ugewant gin. Mir hätte sollen eise Verwaltungen d'Méiglechkeet gin während deem Joer, sech an déi Lëtzeburger Orthographie anzuschaffen an da könnte mer haut den Text esou stëmmen, wéi d'Spezialkommissioun e proposéiert a mir kréichen dann dobaussen e ganz positiven Echo.

Ech mengen, et wir nach net ze spéit, fir dat neess guttzemaachen. Mir als Châmber sollen net um gudde Wëllen vun eise Beamten zweifelen.

Ech géif domadder all denen, déi dëst Gesetz stëmmen, soen, si sollen sech iwwerleéen, wat se maachen. Ech mengen, dëst Gesetz huet net nëmme en organisatoreschen Zweck, mä virun allem eng national Bedeitung a mir als Châmber sollen och dat hei maachen, wat sech an deem Sënn gehéiert.

**M. le Président.** — L'honorable M. Gremling a la parole.

**M. Gremling (PSI).** — Här President, dir Dammen an dir Härren. Ech wëll mech kurz faassen. Ech hat viru Joren d'Geleentheet mäi Wonsch auszudrécken, dass eist Lëtzeburgergesch soll zur Nationalsprooch erkläert gin.

Mat dësem Gesetz gëtt d'Lëtzeburgergesch als Nationalsprooch legaliséiert. Ech si frou doriwwer. Ech stelle mat grousser Satisfaktioun fest, dass dëst Ziil erreecht gouf an enger friddlecher Evolutioun, ouni dass et zu engem Sproochekrich koom, deem an anere Länner als Vorhang benotzt gëtt, fir vun de sozialen, wirtschaftlechen a kulturelle Problemer ofzelenken. Dat soll och esou weider goen, ouni Sektarismus an Intoleranz.

Eis Kanner mussen wëssen, dass et mat der gesetzlecher Unerkennung vun eiser nationaler Sprooch net gedoen ass! Ouni Kenntnis vu frieme Sproochen geet et net! Ouni Franséisch an Däitsch, an och aner Sproochen kann eise Jonktem muar an der haarder nationaler an internationaler Kompetitioun op wirtschaftlechem a sozialem Plang net bestoen. Mir daarken besonnesch d'Franséisch net opgin! Dat wir net gutt!

Wat de Problem ubelaangt, ob e Bréif, deem op Lëtzeburgergesch un d'Verwaltung geet, och op Lëtzeburgergesch soll beäntwert gin, do wëll ech méng perséinlech Meinung soen.

Dee Mann, dee seit 12 Jor d'Aktioun Lëtzeburgergesch geleet huet, huet haut geschriwwen, hie wir derfir, dass d'Verwaltung »dans la mesure du possible« de Bréif soll beäntweren an där Sprooch, an där e geschriwwen gouf, och wann dat op Lëtzeburgergesch ass. An hie seet dat heien an enger Zeitung vun haut: »Forcéiert eis Beamten zu näischt, fir dat keen hinnen d'Leiergeleentheet bis elo gin huet! 'Dans la mesure du possible'..., dat erlaabt äis jo emol endlech dee 'possible' ze schaffen; duerno gesi mir weider«.

Ech mengen, et soll een d'Kand net mam Buedwaasser ausschëdden!

Alles zu sénger Zäit!

Ech soe jo zu deem Gesetz, dat ech begrëssen, an ech gesinn

et och als eng gutt Etapp un, dass e Bréif vun der Verwaltung op Lëtzeburgergesch kann a soll beäntwert gin.

Mä si dierf, wéi haut d'Saach steet, net derzou gezwonge gin.

**M. le Président.** — L'orateur suivant est l'honorable M. Weirich.

**M. Weirich (CSV).** — Här President, dir Dammen an dir Härren. An der Konklusioun vu méngem Exposé de 7. Juli d'lescht Jor zum Projet iwwert de Sproochegebrauch an eisem Land, hat ech mech de Wiederer vun der Mme Rapporteur Reding ugeschloss, mat denen si gesot hat, dass si hofft, dass dëse Projet eestëmme votéiert géif gin. Et war och mäi Wonsch, dass d'Volksvertreider hei am Haus duerch hir Eestëmmegeket beweisen, eiser Identitéit an eiser Sprooch déi Eier zoukomme loosse, déi si verdingen. Déi Eier, fir déi esou vill vun eise Beschte gestriden, gelidden a gesturwe sin.

Leider konnt dës Eestëmmegeket net zustane kommen an de Projet an eischer Liesung net definitiv votéiert gin. Dëst net, well sech net all Volksvertreider iwwert d'Lëtzeburgergesch als Nationalsprooch vun de Lëtzeburger eeneg wäeren. Au contraire, mä well bei der praktescher Uwendung vun dëser Tatsaach mat hire Konsequenzen, virun allem beim schréffleche Gebrauch vun eiser Sprooch, Bedenken ugemellt gouwen. Dëst speziell bei den Administratiounen, wann technesch oder juristesche Texter ze verfaasse wäeren. D'Fro huet sech also gestallt, ob, wann elo vun engem Buerger zum Beispill irgend eng Demande op Lëtzeburgergesch präsentéiert gëtt, déi virgedréckten Äntwerten, déi op Däitsch oder Franséisch existéieren, dann op Lëtzeburgergesch missten iwwersat gin? An anere Wiederer, d'Fro stellt sech wéi wäit een de legislativen Text am Prakteschen »à la lettre« applizéiert, en Text, deem souwiesou keng Strofen no sech zitt, wann een net dem Buschtaf no genau applizéiert gëtt.

Mir schéngt, dass hei de »Bon sens«, de gesonde lëtzeburgeresche Mënscheverstand hei zum Droe muss kommen. Kee Buerger kann d'Hoerspléckerei esou wäit driewen, dass hie verlangt, dass bestehend Formulären, Anträge, technesch Drockschréften oder juristesche Décisiounen an Urteler op Lëtzeburgergesch iwwersat mussen gin, nëmme just weil hien séng Ufro op Lëtzeburgergesch geschriwwen huet. Dat hei schéngt sech mir net esou am Prakteschen ofzespillen. E Bréif, deem op Lëtzeburgergesch un eng Verwaltung geschriwwen gëtt, kann dach ouni weideres op Lëtzeburgergesch beäntwert gin, a wann néideg soll op bestoend bäigefügten gesetzlechen, juristeschen oder technesch Texter higewise gin. Domat ass deem ursprüngelechen Text zum Projet an och dem Vorschlag zum Artikel 4 vun der Spezialkommissioun Rechnung gedroen.

Awer, wat mir mä geféierlech schéngt, dat ass, wann elo aus Angscht oder aus Bequemlechkeet de Courage feelt, an engem Gesetzestext sech net konsequent ze sin an domadden eng Diskriminierung vun eiser Sprooch géintiwwer anerer gebräuchlecher an eisem Land festgehalte géif. Loost mer dach all déi Effort, déi vun der Aktioun Lëtzeburgergesch elo zënter Jore gemat gouwen, net duerch e Gesetzestext ofbremsen.

Dirf ech drun erënneren, wat den Ustouss zu dësem Projet war?

Et waren d'Attacken, déi an Zeitungen vun dëssäit der Musel koumen, a wouranner eis Natioun, eist Verhalen an der Vergaangenheet als Vollek, d'Bereitschaft zum Lëtzeburger Buerger fir séng Heemecht ze streiden, ze leiden an ze stierwen, net nëmme a Fro gestallt gouwen, mä esouguer falsch interpretéiert goufen. Och d'Sprooch dréit wesentlech zum Begrëff vun der Natioun bäi. Wann also d'national Sprooch vun de Lëtzeburger Lëtzeburgergesch ass, mä dann awer och mat alle Konsequenzen! Och wann ufangs Schwieregketen sollen opstouchen!

Net weinst Schwieregketen, déi emol guer net esou grouss sin, wéi munchereen et unhëllt, an déi mat der Zäit bestëmmt ofhuelen, diirft de Wee vu bequeme Léisungen net begaange gin.

Mir wënschen bei de Naturalisatiounen, dass déi Betreffend och Lëtzeburgergesch kënnen oder zumindestens en Effort maachen, fir Lëtzeburgergesch ze léieren. Mä da muss mir awer och selwer bereet sin, Effort ze maachen, fir déi nach bestoend Schwieregketen beim Schreiwen ze iwwerwannen.

D'Spezialkommissioun war sech vun Ufank an dëse Problemer bewosst. D'Mme Reding huet an hirem schréfflechen a mündleche Rapport nach eng Kéier un all déi Diskussiounen an

Iwwerleungen erënnert. Schliisslech huet d'Majoritéit an der Kommissioun sech op den Text vum Artikel 4 géenegt, wéi en de 7. Juli d'lescht Jor hei präsentéiert gouf. Och no dem Amendement, vum 7. Juli, fir dësen Text ze änneren, as d'Spezialkommissioun an hirer Majoritéit, an no den Diskussiounen iwwer alternativ Formulëierungen, schliisslech erëm op den 1. Text zrëckkomm. Wann dat esou as, dann huet dat ganz bestëmmt séng Ursachen.

De 7. Juli 1983 hat ech hei gesot: »Zum Artikel 4 vum dësem Projet wëll ech ënnersträichen, dass ech entgéint de Meinung vum Staatsrot mech zur Formulëierung bekennen, esou wéi d'Spezialkommissioun se virgeschloen huet«.

Ech sin och nach haut där Meinung.

Ech verstinn awer ganz gutt, dass wann, an dëst speziell vum de Verwaltungen, sief et op staatlecher Säit oder um Gemengeplang, esou grouss Schwieregkeiten viraus gesi sin, dass versicht muss gin, dëst ze ëmgoen.

Loosst mer eis awer nët zevill formulëieren an dee praktesche Wee goen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** — L'orateur suivant est l'honorable M. Frieden.

**M. Frieden (CSV).** — Här President, dir Dammen an dir Härren. Solle mer aus eiser Sprooch eng Verwaltungssprooch maachen? Dat as d'Fro, op déi mer haut sollen eng Äntwert gin.

Eier mer awer d'Äntwert gin, mengen ech, soll een emol d'Fro stellen, wat as eis Sprooch?

Eis Sprooch, dat as virun allem de liewegen Audrock vum eisen Iddien, eise Gefüller, eiser Identitéit. Si gehéiert zur Heemecht, si verbënd eis Lëtzeburger heiheim an dobaussen. Si séngt a si kräisch mat äis, si laacht a si flucht, a si kléngt an honnert Téin, jhust esou wéi mir et vun hir verlaangen. Et as de Geescht, et as d'Sensibilitéit, et as d'Imaginatioun, et as de Rythmus, et as awer och den Tounfall, an nët dat mosaïkaartegt Zesummeieren vu Wieder, déi eis Sprooch ausmaachen.

An esou onkompliziert as se, wa mer se doheem bei der Mamm um Schouss léieren. Herno brauche mer nët nach laang Synthax a Grammatik ze studéieren. Esou wéi mer schwätzen, esou as et richtig. Bis viru kuerzem war et d'selwecht mat der Orthografie. Déi huet sech awer an der leschter Zäit zu enger eegener Wëssenschaft entwéckelt. D'accord, dass mer sollen aus eiser Sprooch eng Nationalprooch maachen, mä wa mer aus eiser Sprooch wëllen eng Verwaltungssprooch maachen, da wäerde mer nach ze keime kréien! Eis Sprooch as nun eemol keng Verwaltungssprooch, grad esou wéi se keng Sprooch as fir d'Technik an d'Wëssenschaft!

Si as nun eemol nët mat dene Beräicher gewuess an si as och nët an déi Beräicher eragewuess. A fir elo vun engem Moment zum aneren eiser Sprooch nei Funktiounen ze gin, dat as nët dran!

Dat notzt eiser Sprooch näischt, dat notzt der Verwaltung näischt, an dat notzt eis Lëtzeburger näischt!

Mir schafen nëmmen d'Konfusioun, den Duercheneen. Firwat? Well mir gin nët vun eiser Heemechtssprooch aus, fir d'Verwaltung ze organiséieren. Mir maachen et ëmgekiert. Mir huelen eng Friemsprooch a mir iwwersetzen se op Lëtzebuergesch. Schliisslech as eise ganze Verwaltungsapparat scho seit Mënschengedenken op Franséisch an Däitsch agespillt. Nun as awer d'Iwwersetzen, egal vu wou mer ausgin, nët grad esou einfach, an och nët ëmmer esou evident.

Dat beschte Beispill liwwert eis en Deputéiertkolleg an engem Brëif, dee mer haut zougeschéckt kritt hun, an hie schreift do ganz einfach: »Fir ze verhënnern, dass bei Iwwersetzungen de Sënn vu méngem Brëif entfallt kënnt gin, hun ech och eng franséisch Versioun verfaasst, an ech wir frou, wann déi béid, déi sech noutgedrongen a sproochlech bedingten Nüancen ënnerscheiden, kënnen am Chämberbericht veröffentlecht gin«.

En zweet Beispill as dat, wat haut an enger Zeitung ënnert »e Këppche fir eis Sprooch« steet: »Wat hätte mir dann dovun, datt mir an enger Äntwert eppes ewéi dat elei op 'Lëtzebuergesch' erëmkriten: 'Är Ufro as dohigéiend ze beäntweren, datt déi erfuederlech eeschléieg Ennersichungen en negativ Resultat ergin; an ofséibarer Zäit as keng sënibel Amélioratioun vun der dartzäiteger Situatioun ënvisagéierbar'«.

Dat as nët e kokasst Beispill, mä et as eng Tatsaach. Wa mer wëllen ufänken, zemol dat administrativt Franséisch oder Däitsch op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen, da komme mer an déi Schwieregkeiten do eran.

Wat as dann d'Objekt vun der Verwaltung?

Wa mer wäit ausgräifen, as d'Objekt vun der Verwaltung de Mënsch, dat heescht de Buerger.

Mä am Laf vun der Zäit huet d'Verwaltung sech zu engem Mechanismus entwéckelt, deen nët méi onbedéngt de Mënsch berücksichtegt.

Wat erliewe mer all Dags, a jiddfer eenzelne vun eis?

De Mënsch as vill méi gezwongen sech an déi administréiert Welt anzueerdnen. Eng anonym Uerdnung, déi sech am Sproochniveau erëmspigelt. Huele mer nëmmen d'Justiz: Si schwätzt eng verklausuliert Sprooch aus den Zäiten vum Napoléon, déi keen einfache Mënsch versteet. Eng Rei vu Wieder wuel, mä keen Zesummenhank.

Ech mengen, den Här Robert Krieps huet nach éineschters e markant Beispill relevéiert, wat mer de Mueren nach an der Commission de la Justice haten.

Nun iwwersätzt dat emol op Lëtzebuergesch!

Wir domat eiser Sprooch gedéngt? Dat as d'Fro, déi ech stellen! Wir domat dem Buerger gedéngt?

Dat selwecht gëlt am Däitschen!

A verschachtelte, schwéierfällige Sätz...

**M. R. Krieps (LSAP).** — Am Däitschen as et nach vill schlimmer!

**M. Frieden (CSV).** — ...soll méiglechst vill festgeluegt an ausgesot gin, an zwar an enger Form, dass subjektiv Interpretatiounen nët méi méiglech, oder souzesoen nët méi méiglech sin. Sécher, ech mengen do si mer eis eens: d'Affekote fannen iwwerall e Lächelchen, wou se d'Spëtz vum Bläistëft kënnen draueren, mä et geet hei ëm déi vill Leit, déi nët Affekot sin.

Entschëllegt, Här Robert Krieps, et as am Spaass gemengt!

**M. R. Krieps (LSAP).** — Ech hun nach eng Illustratioun derzou.

»Oppositioun«, dat heescht an Däitschland »Antrag auf Wiedereinsetzung in den vorderen Stand!«. Do kënnt Der Iech ongefëier e Bild maachen, wéi schéin déi juristesche Sprooch am Däitschen as!

**M. Frieden (CSV).** — D'Resultat vun dene Beméiungen vun der Verwaltung as d'Verwaltungssprooch: eng méiglechst stur Struktur, déi méiglechst vill ausseet a keng Ausnamen zouléisst.

D'Verwaltung diktéiert, wat

— bestëmmte Wieder zu

— bestëmmten Zäiten bei enger

— bestëmmter Verwendung ze bedeiten hun.

D'Verwaltung bestëmmt also den Inhalt vun där Sprooch, déi si gebraucht. Fir d'Verwaltung as d'Sprooch en Zweck zur Definition, a virun allem en Zweck zur Norm.

Mä wien eng Sprooch an e Katalog eraquëtscht, deen hëlt hir d'Liewen, deen hëlt hir den Impuls, deen aus dem Dialog vu Mënsch zu Mënsch entsteet.

Wëlle mir dat fir eis Sprooch?

Si mir iwwerzeegt, dass dat eis Sprooch méi räich mécht, wa mir si zesummen mam Däitschen a Franséischen zur sougenannter Amtssprooch oder Verwaltungssprooch erhiewen?

A méngen Äen, neen, dat as nu wirklech keng Promotioun vun eiser Sprooch!

Emsou méi, well déi Sprooch do ëreischt misst geschafe gin.

A wien hëlt sech där Missioun un?

Dat as déi konkret Fro, déi ech stellen. Et gët vläicht een dermat chargéiert. Mä eng Sprooch wissst am Laf vun der Zäit mat engem Vollek, als eng mënschlech Aktivitéit.

Wa mer och nach ee chargéieren, fir eng offiziell Verwaltungssprooch ze schafen, da misste mer emol ufänken mat engem Dictionär, deen effektiv déi Ausdréck an déi Wieder fixéiert, déi mer an der Verwaltung brauchen. An dat as nët fir haut a mar.

Eng Verwaltungssprooch duergéint as eng doudeg Sprooch! Loosse mer eis dees bewosst sin!

Dee beschte Bewäis as de Code Napoléon. Mir kennen a betonen en nach ëmmer an sénger ursprüngelecher Faassung.

Loosse mer eis Sprooch erausloossen aus der Verwaltung!

Mir hu jo souwisou nêt déi Âmbitiounen, fir aus hir eng international Sprooch ze maachen. Ech mengen, mir sollen eis zefridde gin, wa mer aus eiser Sprooch eng national Sprooch maachen.

Eis Sprooch as räich. Ech mengen, et kann een nêt de Géigendeel behaapten. Si huet e ganz gudd Klank. Looss mer eis Sprooch awer och zesumme propper halen.

Eis Sprooch as eng Sprooch, déi méi geschwat wéi geschriewe gët, déi méi doheem, op der Spillplaz an zwëschen de Mënsche geléiert gët, wéi an der Schoul.

Déi sech ännert mat deem, deen se schwätzt.

Déi keng fest Normen huet.

Där hire Charme an hirer Villdäitegkeet an an hiren Nüancé läit.

Looss mer se nêt an e Corselet eraquëtschen, well, Gott sei Dank, eis Sprooch as nach lieweg, virleefeg, dat heescht an der Entwécklung, an domat emstand sech ze beräicheren, mat virunzegoen an sech dem Wandel vun de Leit a vun den Zäiten unzepassen.

Dass mer awer sollen en Effort maachen, fir eis Sprooch erméi lieweg an eis Populatioun eranzekréien, ech mengen, dat misst een emol ënvisagéieren.

Et gesäit ee Lénks a riets bei eisen Noper, wéi Frankräich et mécht, op verschiddenen Emissiounen, déi ganz gutt ukommen, wou een och spiirt, dass d'Vollek matmécht.

Dat misst mer och hei maachen. Well eent dierfe mer nêt vergiessen: Eng Sprooch kann nêt forméiert gin vun engem Eenzelen, si kann och nêt forméiert gin vun zwee oder dräi Leit. Eng Sprooch kann nëmmen erauswuessen aus dem Vollek! An do gesinn ech als Basis, dass mer emol méi déif solle Récksprooch huelen mat Leit aus eise Gemengen, vill méi e gréissere Gremium maachen, wa mer eis Sprooch wëllen erhalen, virun allem, wa mer se erméi wëlle beliewen, wa mer se erméi wëlle lieweg maachen, wéi dat och am Ausland geschitt.

Ech mengen, dat wär der Méi wäert.

**M. Krier (LSAP).** — Da missten d'Volleksvertreieder och hei ëmmer Lëtzebuergesch schwätzen!

**M. Frieden (CSV).** — Neen, esou wäit gin ech nêt!

**M. Krier (LSAP).** — Dach, da liesen d'Leit et op Lëtzebuergesch!

**M. Frieden (CSV).** — Här Krier, ech mengen, mir duerfen déi Villsproochegkeet, déi mer hun, nêt vernoléisegen, mir duerfen se och nêt ignoréieren.

Dat, wat den Här Robert Krieps eis gesot huet, as fundamental. Mir mussen onbedéngt kucken, datt mer erméi an déi Richtung gin, wou mer jehier higezunn hun, dat heescht op d'Franséisch, a vill méi an déi Richtung, wéi an eng aner!

Fir Iech do e Beispill ze gin: Nêt méi spéit wéi dee leschte Méindeg, op Radio Lëtzebuerg, mueres den 23. Januar beim Doud vum Johnny Weissmüller, deen bekanntlech den éischten Tarzan war, gouf da wirklech e barbarescht Wuert an eis Populatioun erausgedroen, de sougenannten »Urwaldschrei«!

Mä mir hun dach en typescht lëtzebuergesch Wuert dofir: Et as e »Kreesch«. Mir doe kee »Schrei«, mä mir doen e »Kreesch«!

Dat gët dat formidabelt Wuert »e Kreesch aus dem Urwald« oder en »Urwaldkreesch«! Et as elo an enger anerer Richtung — Här Urwald, entschëllegt! — wou hei d'Dimensioun läit!

(Hilarité)

Dofir, loss mer eis Sprooch halen an erhalen als dat, wat se nach ëmmer war: En Ausdrock vun eiser Eegenheet, eiser Onofhängegkeet, eiser Selbstännegkeet, virun allem awer och, eiser Mënschlechkeet, e Mëttel zur Kommunikatioun, zum Dialog, e Bou, deen sech spaant vu Mënsch zu Mënsch.

An dofir froen ech mech, ob mer deen Amendement vum honorablen Här Wagener kënnen akzeptéieren, dee seet:

»Lorsqu'une requête est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, dans la mesure du possible, pour sa réponse de la langue choisie par le requérant«.

Ganz einfach, dir Dammen an dir Hären, och de »possible« as nêt »possible« an deem Abléck, well et keng Verwaltungs-

sprooch au départ, vun Ufank un, bei eis gët, an ech maachen do méng Reserven!

An ob mer de »possible« an der Zukunft sollen ustriewen, do läit fir mech och ee Problem, well ech sin iwwerzeegt, dass d'Verwaltungssprooch der Entwécklung vun eiser Sprooch nêt déngt.

Erlaabt mer et ze soen: Ech hun d'Impressioun an ech fäerten souguer, dass mer hei laanscht d'Realitéit légiféréieren!

Ech wëll ofschléissen mat engem Zitat, wat eis Sprooch ugeet, dat vun engem fréiere Staatsmann, dem Pierre Frieden, formuléiert gin as:

»La langue ne fait pas la nation, ni la nationalité. Les traîtres aussi parlent la langue de ceux qu'ils trahissent. C'est par le coeur, par l'esprit, par l'âme que l'on est d'un peuple, d'une nation.

...C'est par l'âme qu'un homme est ce qu'il est. C'est par l'âme qu'un peuple est ce qu'il est. Cultivons donc l'esprit et le coeur, pétrissons les âmes et ne nous laissons pas trop fasciner par le mirage de la langue. Accordons-lui sa place au foyer, plus large que par le passé, mais ne l'écrasons pas sous la charge d'une mission trop lourde. Elle est un organe bien modeste pour la grande symphonie de l'esprit.«

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.** — J'ai encore l'inscription de l'honorable M. Bürger, ou est-ce que le rapporteur voudrait prendre parole?

(Négation)

M. Bürger a la parole.

**M. Bürger (CSV).** — Här President, Madame, dir Hären. Ech wëll hei ganz kuurz sin, well dat meescht as scho gesot gin.

Et gët zwou Tendenzen, wat den Artikel 4 ubelaangt. Op där enger Säit hu mer d'Idealisten, an op där anerer Säit hu mer d'Realisten.

Den Idealismus spillt virun allem op eisen Nationalstolz un, deen am Krich esou déif verletzt gin as. Dat as och hei ugeklungen, souwuel am Rapport vun der Mme Reding, wéi och bei verschiddene Riedner.

Op där anerer Säit as dee positive Realismus ausgedréckt am Amendement vum Här Pol Wagener. Ween den Här Pol Wagener kennt, dee weess, dass hie bestëmmt en 100 %tegen Unhänger vun der Lëtzebuergescher Sprooch as, souwuel an de Gedichter wéi och an der Musek. Hie kennt den Dicks an de Lentz bestëmmt vill besser wéi déi Meescht vun eis, an e gët dat och bei all Geleeënheet ëmmer zum beschten. Dofir dierf een nêt drun zweiwelen, dass hien nêt fir d'Lëtzebuergescher Sprooch wär.

Wou leien d'Schwiregketen?

D'Schwiregketen leien bei der Verwaltung, bei der Justiz; mä leien se och nêt beim Bildungsgrad vun eiser Bevölkerung?

Ech mengen, wann Der Iech eis Bevölkerung virstellt, wéi d'Sproche vun enger Leder, dann fannt Der souwuel uewen, an der Mëtt an ënnen Persounen, déi eis Sprooch schlecht schreien an och schlecht liese kënnen.

D'Schwätzen as méi licht; dat beweisen d'Ausländer, déi eis Sprooch ganz licht léieren, mat Ausnam vläicht vum Dialekt vu Wolz oder vun Iechternach.

Dofir sin ech der Meinung, dass nach weider Fortschreiter muss gemaach gin an der Erzéiung, bis mer kënnen d'Idealisten — déi ech hei wirklech als Idealiste betruechten — ënnerstëtzen.

Ech sin e positive Realist an deem Sënn. Dofir sin ech der Meinung, dass ech den Amendement vum Här Wagener misst ënnerstëtzen.

**M. Dondelinger (LSAP).** — Soss musse mer d'»Red Boys« op eemol d'»Rout Bouwen« nennen!

**M. Bürger (CSV).** — Neen, neen! Ech mengen, et kann een dës Saach e bëssche vergläichen mat der Diskussioun iwwer de Fridden. Ech mengen, mir wäeren all fir de Fridden. Déi eng waren der Meinung, dass ee ka fir de Fridde sin, ouni dass een e Pazifist as. Ech mengen, d'Idealisten bei de Pazifisten sin am Fong enttäuscht gin bei dene Friddensdemonstratiounen. Ech wëllt nêt, dass dass d'Idealisten bei deem Projet och géingen enttäuscht gin.

Dofir schléissen ech mech dem Amendement vum Här Wagener un an ech soen Iech merci.

**M. le Président.** — Mme le rapporteur a demandé la parole.

**Mme Reding (CSV), rapporteur.** — Här President, dir Damen an dir Hären. De Rapporteur mécht Bericht iwwert dat, wat eng Majoritéit vun der Spezialkommissioun decidéiert huet.

Als Rapporteur kann an där eene nüt dat soen, wat ee perséinlech denkt. Dofir erlaabt mir a méngem perséinleche Numm dat ze soen, wat ech vun dësem Gesetzprojet halen.

D'Ziil vum Gesetz as festzeleën, besonnesch virun dem Ausland, wat eis Sproochesituatioun as.

D'Ziil vum Gesetz as et och haaptsächlech eng feierlech Erklärung iwwert eis Nationalsprooch ofzeginn.

D'Ziil vum Gesetz as e Festleën am Gesetz vun eisen agefleeschte Sproochgebräich. D'Ziil vum Gesetz as also op kee Fall eng Ännerung vun dene Gebräicher.

Dee Wëllen vum Gesetzgeber geet duurch dat ganz neit Gesetz: eis typesch Lëtzebuerger Dräisproochegkeet gët deemno fest verankert.

D'Ziil vum Gesetz as also d'Erhale vun deem, wat besteet. An dat misst, mengen ech, op jidde Fall op d'allgemeng Eestëmmegekeet bei de Buerger stoussen.

Mir riskéieren awer elo bei enger vill ze strenger Formulierung vun engem Artikel 4 e Sproochesträit ze provozéieren, an dat as nun dat lescht, wat mir mam Sproochgesetz wëllen.

Et as nämlech esou, dass déi Beamten, déi duurch eng Muss-Formel am Artikel 4 forcéiert géiwen e Bréif op Lëtzebuergesch ze schreiwen, nüt gewinnt sin op Lëtzebuergesch ze schreiwen, si hun dat ni geléiert, an si wäerte sech verständlecherweis géint d'Muss-Formel wieren.

D'Resultat as da Stänkereien géint dat ganz Gesetz an nüt nëmmen géint den Artikel 4. Dat ganz Gesetz iwwert d'Nationalsprooch gët dann dobaussen lächerlech gemaach wéinst engem radikalen Artikel 4, an déi gutt a wichteg Elementer, déi national bedeutend Elementer, déi am Gesetz dra leien, kommen duurch eng radikal Regelung ënnert d'Rieder.

Aus där Ursach sin ech derfir den Artikel 4 an der Kann-Formel ze stëmmen.

Et as nämlech eng Tatsaach, dass et 1. schwéier as eng juristesche Terminologie op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen; dass et 2. op techneschem Gebitt eng ganz Rei Wieder ganz einfach nüt op Lëtzebuergesch gët; dass 3. eng Rei Formulierungen ganz schwéier op Lëtzebuergesch ze iwwersetzen sin; dass 4. eng grouss Majoritéit vun de Beamten nüt drop virbereet sin e Lëtzebuerger Bréif op Lëtzebuergesch ze beäntweren.

Et as ménger Meinung no schlecht eng Saach ze forcéieren. Et dängt eiser Sprooch näischt, wann ee mam Briecheise virgeet.

Ech sin dofir der Meinung, dass ee soll eng ugemessene Evolutioun erméiglechen.

No an no wäerten d'Beamten nämlech léieren eis Sprooch ze schreiwen. Ech hoffen, dass an deem nei geschafenen »Institut administratif« och wäerte Courën iwwert eis Lëtzebuerger Sprooch agefouert gin. No an no wäerten dann — ouni ze forcéieren — d'Beamten sech dru winnen e Bréif op Lëtzebuergesch ze schreiwen.

Wann d'Chamber elo an hirer Majoritéit d'Muss-Formel duurch »dans la mesure du possible« ofschwächt, as dat ménger Meinung no keng idealistesche Léisung, awer ganz bestëmmt eng realpolitesche Léisung.

Allerdéngs muss an enger Circulaire administrative, esou wéi de Staats- a Kulturminister ons dat schon op dëser Tribün versprach huet, genau festgeluegt gin, wat déi Méiglechkeet »dans la mesure du possible« bedeit.

Et där eif nämlech nüt esou sin, dass »dans la mesure du possible« zu enger Kommoditéit fir d'Administratioun gët. Et muss esou sin, dass »dans la mesure du possible« interpretéiert gët am Intérêt vum Buerger.

D'Buerger sin nämlech nüt do fir d'Verwaltung, mä d'Verwaltung as do fir de Buerger. Heiandsdo schéngt et awer wéi wann dat géif vergiess gin. All Deputéierten heibannen huet nämlech mat Leit ze din, denen hie muss e Schreiwéi vun der Verwaltung an eng fir de Buerger verständlech Sprooch iwwersetzen; esou eppes därft et eigentlech nüt gin.

Dofir géif ech hoffen, dass den Artikel 4 an der Kann-Formel esou séier wéi méiglech duurch eng Circulaire administrative esou festgeluegt kéint gin, dass eng Interpretatioun zum Nodeel vum Buerger erschwéiert, wann nüt esouguer onméiglech gemaach gët.

**M. le Président.** — La parole est à M. le Ministre des Transports.

**M. Barthel Ministre des Transports.** — Här President, dir Damen an dir Hären. Den Här Staats- a Kulturminister huet mech gebieden hien ze ersetzen, well en as duurch aner Flichten verhénnert, wat e staark bedauert huet.

Ech hun den Deklaratiounen vum Här Staatsminister vu geschlechter näischt bäizefügen.

D'Diskussiounen, déi hei gefouert gi sin, hu keng nei Elementer bruecht.

Wat d'Kontrovers iwwert den Artikel 4 ubelaangt, géif ech d'Chamber bidden den Amendement, präsentéiert vum honnorablem Pol Wagener, unzehuelen.

**M. le Président.** — La discussion générale étant close, nous passons à la seconde lecture et au vote des articles.

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Braun)*

L'article 2 est lu et admis.

L'article 3 est lu.

M. Bisdorff, vous avez la parole.

**M. Bisdorff (KP).** — Här President. Ech hu versicht nozelauschten fir deen Text ze verstoen, deen elo grad virgelies gin as, an ech muss soen, dass den Inhalt nüt dem Text entsprécht, deen an éischter Lektür gestëmmt gin as.

Den Text, deen an éischter Lektür gestëmmt gin as, deen as vum parlamentareschen Dokument 2535<sup>5</sup>. Do felen déi Wieder »et en matière judiciaire«.

Gläichzäiteg feelt och »des dispositions spéciales«.

Ech wéisst elo gären iwwert wat mir ofstëmmen?

**M. le Président.** — C'est le texte proposé par la commission.

M. Robert Krieps, vous avez la parole.

**M. R. Krieps (LSAP).** — M. le Président. Je ne suis pas d'accord. Il faut s'entendre.

Il me semble lorsque la Chambre a voté un premier texte et qu'il a été admis par la majorité des députés et qu'il est avisé par la suite par le Conseil d'Etat, ou bien le Conseil d'Etat fait un amendement et nous devons le reprendre ici en tant qu'amendement ou alors il faut que la commission fasse un amendement, car nous ne pouvons pas tout simplement ignorer ce que nous avons voté la première fois et dire cela n'a pas existé.

Il faut des amendements à un texte déjà adopté une première fois.

Si nous voulons bien considérer ce que la commission a délibéré est un amendement au premier texte, je suis d'accord, je ne cherche pas la petite bête, mais il faut quand même s'en tenir au premier texte que nous avons déjà adopté une première fois et considérer ensuite, que, bon, le texte maintenant s'il n'est pas en règle ne portant pas cinq signatures où ne vient pas du Gouvernement, c'est un amendement de la commission au premier texte.

On ne peut pas tout simplement faire comme si le premier texte s'était volatilisé.

**M. le Président.** — M. Meintz, vous avez la parole.

**M. Meintz (DP).** — Här President. D'Kommissioun huet an hirem leschte Rapport, am Dokument 2535<sup>7</sup> ganz klor gesot — an ech hun et och esou opgefaasst, dass d'Kommissioun proposéiert huet den Artikel 3, well Omissiounen woren am Dokument 2535<sup>4</sup>, déi zwou Saachen, déi den Här Bisdorff ugesprach huet, déi waren dran, si sin an der éischter Lektür nüt mat iwwerholl gin — den Artikel 3 wär ze amëndéieren.

**M. le Président.** — M. Robert Krieps, vous avez la parole.

**M. R. Krieps (LSAP).** — C'est un amendement au premier texte. Nous sommes d'accord. On ne peut quand même pas dire que c'est le texte de la commission qu'on discute. Il faut un amendement au texte voté par la Chambre en première lecture.

**M. le Président.** — M. Mosar, vous avez la parole.

**M. Mosar (CSV).** — Op déi Fro déi sech elo stellt, wäerte mir waarscheinlech nach eng Käier beim Artikel 4 zrëckkommen. Et ass d'Fro: Wat as den Texte de base, zu deem en Amendement kann abruucht gin?

Dat steet a kengem vun eisen Artikelen ganz präzis, mä et geet aus der ganzer Konzeption vum eiselem Reglement ervir: Een Text, deen d'Kommissioun proposéiert, dat gët den Texte de base zu deem den Amendement virbruecht gët.

Beim Artikel 3 stellt déi Fro sech nët mat deemselwechten Intérêt, well zu deem Text, kën Amendement vun eis proposéiert gouf.

Beim Artikel 4 as d'Saach e bësschen méi kriddeleg. Ech wäert nach drop zrëckkommen.

**M. le Président.** — M. Robert Krieps, vous avez la parole.

**M. R. Krieps (LSAP).** — M. le Président. Nous avons la même discussion lorsque vous avez présenté un amendement au sujet de la loi sur le divorce.

Nous avons un texte adopté en première lecture. Il y a eu une deuxième lecture et vous avez présenté alors un amendement au texte fait en première lecture.

La question c'est alors posée si on pouvait encore de cette manière présenter de nouveaux amendements au texte voté en première lecture.

La Chambre a décidé que l'on pouvait présenter encore une fois un amendement qui avait déjà été présenté.

Ici, nous ne sommes pas dans la hypothèse visée par notre règlement qui prévoit que lorsqu'un projet de loi ou une proposition de loi sont examinés la première fois, le texte de base sur lequel nous discutons est celui qui est adopté par la commission.

Ici nous avons un texte adopté en première lecture par la Chambre. C'est donc l'ensemble de la Chambre qui adopte un texte et à ce moment là il faudra, ou bien un amendement d'un député, un amendement du Gouvernement ou un amendement de la commission.

On ne peut pas dire, ce texte n'existe plus et nous avons un autre texte qui a été adopté en commission et qui modifie le texte adopté en première lecture.

Il faut un amendement, sinon nous faisons une première lecture sur le texte que nous avons adopté.

**M. le Président.** — M. Fischbach, vous avez la parole.

**M. Fischbach (CSV).** — Här President. Wat ännert dëst alles um Fong vun der Saach? Den Artikel 3 as nët méi dee selwechten, dat as richtig, wéi deen, dee mir an éischter Lektür gestëmmt hun.

Kommt, mir cōsidéréieren deen Artikel 3 als Amendement amplaz, dass mir en als Partie intégrante cōsidéréieren vun engem neien Text, deen d'Kommissioun proposéiert.

**M. R. Krieps (LSAP).** — Dat as jhust dat, wat ech déi ganzen Zäit froen!

**M. le Président.** — Il faut voter, bien entendu.

Nous avons lu le texte de l'article 3.

Nous allons faire un vote par main levée.

Ceux qui sont en faveur de l'article 3, tel qu'il est maintenant proposé par la commission, sont priés de lever la main.

Epreuve contraire.

L'épreuve n'est pas douteuse.

Le texte est adopté dans la teneur proposée par la commission.

L'article 4 est lu.

La commission a fait également une proposition qui consiste à confirmer le premier vote de la Chambre, texte dans lequel figurait la notion «dans la mesure du possible».

La Chambre n'a qu'à confirmer son premier vote, à mon avis!

M. Bisdorff, vous avez la parole.

**M. Bisdorff (KP).** — Här President, ech mengen, wa mer eis op d'Prozedur eenegen, da musse mer op deem engen Prozedurwee bleiwen, wa mer eis geenegt hun.

Et as elo gesot gin, dat, wat diskutéiert gët, dat as deen Text, deen d'Kommissioun virgeluegt huet.

**M. Mosar (CSV).** — Bei engem aneren Artikel, mä nët bei dësem.

**M. Bisdorff (KP).** — Wann een sech eng Kéier festleet, da muss een sech och dorobber festleën. Et as en Text vun der Kommissioun.

Ech wëll lech drop opmierksam maachen, dass bei deem näch-

ste Gesetzprojet, deen och eng zweet Lecture as, mer eis awer och do mussen eens sin, ob mer deen Text huelen, deen an der éischter Lecture ugeholl gin as, oder deen Text, deen an der Kommissioun virgeluegt gin as. Well do bestin och Differenzen.

Et as also nët eng einfach Saach, wou ee ka soen, bei dësem Artikel a bei deem Gesetzprojet maache mer et esou a bei deem Artikel an deem anere Gesetzprojet maache mer et anescht.

Wa mer eis op eng Prozedur eenegen, da muss se duerchgehend goen.

Virdrun as vum Här Mosar gesot gin, dass senger Meinung no et drëm geet, fir den Text vun der Kommissioun als Basisdiskussioun ze huelen. Well soss hätt Der jo nët deen Text vun der Kommissioun virgelies.

Beim Artikel 3 as elo den Text vun der Kommissioun virgelies gin.

Wat as beim Artikel 4 virgelies gin? War do »dans la mesure du possible« dran oder nët?

**M. le Président.** — Nous avons un amendement au sujet de l'article 4. Nous faisons comme toujours, c'est-à-dire nous votons sur l'amendement, mais cela consiste à confirmer notre premier vote.

Je crois que c'est tout à fait clair et je pose donc la question, ceux qui sont en faveur de l'amendement 1 de la Commission spéciale, sont priés de dire oui, les autres diront non.

*Vote par appel nominal (par M. Braun)*

L'amendement est adopté par 45 voix contre 5 et 7 abstentions.

*Ont voté oui: MM. Burger, Colling, Dondelinger, Fischbach, Gerson, Glesener, Goedert, Gremling, Mme Hennicot-Schoepges, MM. Hubsch, Juncker, Koch, R. Krieps, Krier, Lucius, Majerus, Mart, Meintz, Mosar, Mme Polfer, MM. Poos, Prussen, Rau, Mme Reding, MM. Regenwetter, Schlechter, Steichen, Thoss, Urwald, Wagener, Weiler, Berg, Birtz, Bollendorff, Braun, Eyschen (par M. Prussen), Hamilius (par M. Meintz), Hengel (par M. Poos), Lenert (par M. Wagener), Mmes Lentz (par M. Steichen), Lulling (par M. Fischbach), MM. Van den Bulcke (par M. Dondelinger), Wohlfart (par M. Berg), Berchem (par M. Hubsch) et Brebsom (par M. Weiler).*

*Ont voté non: MM. Dichter, Bisdorff, Margue (par M. Dichter), Nanquette (par Mme Hennicot-Schoepges) et Urbany (par M. Bisdorff).*

*Se sont abstenus: MM. Frieden, Gitzinger, Goerens, Hellinckx, Rippinger, Weirich et Mme Brasseur.*

Est-ce quelqu'un désire motiver son abstention?

M. Rippinger a la parole.

**M. Rippinger (DP).** — Här President, dir Dammen an dir Härren. Wann ech mech nët ieren as dësen Amendement bei der éischter Lecture à l'unanimité gestëmmt gin. Ech hu mech elo abstenéiert. Et kann een jo ëmmer sai Feler agesinn an dat hei och zouginn.

Ech hun nodreeglech deen Text do gelies vun deem Artikel 4 an ech muss lech éierlech soen, dat, wat mer hei opgefouert hun, fannen ech grotesk.

Ech wëll soen, dass deen Text »doit dans la mesure du possible répondre...« legislative Blödsinn as. Ech hu nach a kengem Gesetzestext — an ech hun der scho vill gelies — esou eng Formule font. A wann een heibannen as, deen mir esou eng Formule an engem Gesetzestext ka weisen, da géing ech gären Amende honorable maachen.

Mir verbannen hei eng Obligatioun mat eppes, wat soll méiglech sin. An engem legislativen Text gët et entweder nëmme eng Obligatioun oder eng Fakultéit. Mä dat hei as eppes an et as och nâischt.

On a voulu ménager la chèvre et le chou. Ech muss soën, op legislativem Gebitt gesinn as dat do Blödsinn an dofir kann ech esou eppes nët stëmmen.

**M. le Président.** — Mme Brasseur a la parole.

**Mme Brasseur (DP).** — Här President, ech wollt soën, dass méng Motivatioun fir mech ze abstenéieren déi selwecht as wéi déi vum Här Rippinger, esou dass ech mech sänge Wiederer uschleissen.



**M. le Président.**— M. Frieden a la parole.

**M. Frieden (CSV).**— Här President, ech hun a mengen Exposé scho gesot fir wat ech mech enthalen hun an ech hun deem näischt bäizefügen.

**M. le Président.**— L'article 4 est donc adopté, ce qui veut dire que la Chambre a confirmé le vote adopté en première lecture. M. Gremling a la parole.

**M. Gremling (PSI).**— Les remarques qui viennent d'être faites sur le texte, dans sa signification, sont pertinentes. Mais je dirai ceci: c'est l'intention du législateur qui compte. Cela est clair.

**M. le Président.**— Le texte ayant été admis, nous allons procéder au vote sur l'ensemble du projet de loi par appel nominal.

Ceux qui sont en faveur du projet de loi 2535 diront oui, les autres diront non.

*Vote par appel nominal (par M. Braun) et dispense du second vote constitutionnel*

Le projet de loi 2535 est adopté par 48 voix contre 3 et 5 abstentions.

*Ont voté oui: MM. Colling, Dondelinger, Eyschen, Fischbach, Gitzinger, Glesener, Goedert, Goerens, Gremling, Mme Hennicot-Schoepges, MM. Hubsch, Juncker, Koch, R. Krieps, Krier, Lucius, Majerus, Meintz, Mosar, Poos, Prussen, Rau, Mme Redding, MM. Regenwetter, Schlechter, Steichen, Thoss, Urwald, Wagener, Weiler, Weirich, Berg, Birtz, Bollendorff, Braun, Burger (par M. Weiler), Frieden (par M. Koch), Gerson (par M. Juncker), Hamilius (par M. Meintz), Hengel (par M. Birtz), Lenert (par M. Wagener), Mmes Lentz (par M. Steichen), Lulling (par M. Majerus), Polfer (par M. Goerens), MM. Van den Bulcke (par M. R. Krieps), Wohlfart (par M. Berg), Berchem (par M. Hubsch) et Brebsom (par M. Weiler).*

*Ont voté non: MM. Dichter, Margue (par M. Dichter) et Nanquette (par Mme Hennicot-Schoepges).*

*Se sont abstenus: MM. Hellinckx, Mart, Rippinger, Bisdorff et Mme Brasseur.*

**M. le Président.**— M. Bisdorff a la parole pour motiver son abstention.

**M. Bisdorff (KP).**— Här President. Ech hätt gär dese Gesetzestext ugeholl, sou wéi e vun der Spezialkommissioun virgeluet gi war, well awer elo deem Ännerungsantrag fir den Artikel 4 ugeholl gin as, konnt ech mäin Accord nët méi zu deem Gesetzestext gin, well ech der Meinung sin, dass en elo e fundamentale Widdersproch enthält.

Am Artikel 1 gët gesot d'Lëtzebuergesch wär d'Nationalsprouch, an am Artikel 4 gin dann d'Konsequenzen, déi esou eng Ausso mat sech bréngen, fale gelooss, gin se nët konsequent duurchgefëiert.

Zousätzlech kënnt duurch dësen Amëndemënt eng juristesche Onkloerheet dran, op déi den Här Rippinger schon higewisen huet. Et gët eng fakultativ Obligatioun erabruet. Dat as nun wirklech eppes Neies, dat wär esou wéi wann ee géng soën bei engem Stop-Schëld muss ee stoë bleiwen »dans la mesure du possible«. Wat derzou géng féieren, dass kee méi do géng stoë bleiwen.

Dat selwecht féiere mer elo mam Artikel 4 an, wou elo déi Obligatioun, déi weinstens fir Däitsch a Franséisch bestanen huet, wou entweder an där enger oder an där anerer Sprooch huet misse geäntwert gin, wann deejeinegen, deem d'Ufro gemaach huet, sech där enger oder där anerer Sprooch bedéngt huet. Elo as dat och schon nët méi dran.

Also déi juristesche Inkonsistenz an déi Onausgewoënheet tëschent Artikel 1 an Artikel 4 hu mech dozou bruet, fir nët kënnen deem Gesetzprojet mäin Accord ze gin a mech missen ze enthalen.

**M. le Président.**— La Chambre accorde-t-elle la dispense du second vote constitutionnel?

(Assentiment)

Il en est ainsi décidé.

Le point suivant de notre ordre du jour prévoit le projet de

loi 2648. Il s'agit d'une seconde lecture. Le rapporteur est l'honorable M. Hellinckx.

J'ai reçu les inscriptions suivantes: MM. Mosar, R. Krieps, Mme Brasseur et M. Bisdorff.

La parole est au rapporteur.

### 3. Projet de loi 2648 relatif au taux d'intérêt légal — Seconde lecture

*Rapport de la Commission juridique*

**M. Hellinckx (DP), rapporteur.**— Här President, dir Dammen an dir Hären. An hirer Sëtzung vum 19. Oktober 1983 huet d'Chamber an éischter Lektür de Projet de loi 2648 iwwert de gesetzlechen Zënssouss ugeholl. Ech erënnere ganz kuerz ëm wat et sech bei deem relativ wichtege Projet handelt.

Den Artikel 1907 vum Code civil gesäit vir, dass de gesetzlechen Zënssouss duurch d'Gesetz fixéiert gët. E Gesetz vum 22. Abrëll 1873 an den Arrêté grand-ducal vum 21. Dezember 1973 regléieren d'Matière. Op Grond vun denen Texter as de gesetzlechen Zënssouss op 6 % d'Jor festgesat.

Wat versteet een elo ënner gesetzlechen Zënse? Gesetzlech Zënse si laut Artikel 1153 vum Code civil geschëld an dene Fäll, wou en Debituer säi Créancier nët op der festgesater Echëance bezillt. De Créancier huet da Recht op Schuedenersaz, an déi Dommages-intérêts bestin aus de gesetzlechen Zënse. Et as dat, wat een nennt, les intérêts moratoires.

Bei Delikter oder quasi Delikter accordéieren d'Gerichter Zënse op denen Entschädigungen, déi d'Auteurs vun de Faiën oder hiren Assureur un d'Opfer mussen ausbezuelen. Dat sin déi sougenannt Interêts compensatoires.

An dene leschte Jore as zäitweis e groussen Decalage age-tratt tëschent de gesetzlechen an den effektiven Zënse. Aus där Situatioun hun sech eng ganz Parti Ongerechtegketen ergin, haaptsächlech an deem Sënn, dass d'Debiteuren all Interêt hatten nët ze bezuelen, well se op der Bank fir hir Suën, déi se do placéiert hatten, alt méi wéi dat Duebelt kruten vun deem, wat si hu missen hirem Créancier bezuelen.

Fir dene Mësständ entgéint ze wierken, huet d'Regierung den 18. November 1982 e Projet deposéiert, deem haaptsächlech virgesinn huet, dass den Taux d'intérêt légal all Jor duurch e Règlement grand-ducal géng fixéiert gin, en fonction vun den Tauën, déi am leschte Mount vum Jor virdrun praktikéiert si gin. Géng deem Taux am 1. Semester ëm 3 oder ëm méi Punkten an d'Luucht goën, da géif e fir dat 2. Semester ugepasst gin.

De Projet huet desweideren virgesinn, dass no enger Condamnatioun duurch d'Gerichter den Taux géif ëm 5 Punkten erhéicht gin, wann den Debituer nët géng an den zwee Méint vum Jugement un sänge Verflüchtungen nokommen.

Bei der éischter Lektür huet d'Kommissioun en Text proposéiert, deem sech zimlech wäit vum Projet écartéiert huet. D'Compagnies d'Assurances hatten d'Kommissioun nämlech drop opmierksam gemaach, dass all Erhéijung vum Taux d'intérêt légal eng Erhéijung vun de Primes d'assurance onweigerlech géng mat sech bréngen.

Op Grond vun de bestehende gesetzleche Bestëmmungen sin d'Assurance-Gesellschaft ge halen importent Reserven ze konsituéieren, fir d'Ausbezuelen vun den Indemnitéiten ze garan-téieren. Steigen d'Zënse, déi d'Assurancen mussen ausbezuelen, sou mussen selbstverständlech och hir Reserve steigen. Desweideren mussen, laut de gesetzleche Bestëmmungen, d'Reserven vun den Assurancen an engem groussen Mooss an öffentleche Fon-gen ugeluegt gin. An déi Fongen, déi rapportéieren gewéinlech nët dat, wat de Placement um privaten Secteur abréngt. Ech verweisen an deem Zesammenhang op den éischte Rapport vun der Kommissioun vum 6. Juli 1983, deem sech ausgiebig mat där Problematik befaasst huet.

D'Kommissioun war der Meinung, dass et an dësen ekonomesch schwéieren Zäiten ubruecht wär fir keng zevill rigid Léi-sung virzugesinn, mä dass een am Cōntraire der Regierung méi e groussen Pouvoir d'appréciation soll iwwerloossen.

Dat huet d'Kommissioun folgendermoossen réaliséiert:

1. Am Alinéa 1 vum Artikel 1 gët gesot, dass den Taux d'intérêt légal fixéiert gët, nët »en fonction« vun den Tauën wéi se